



Den neie Flächepool, deen neie System, do maache mir, an dat ass mer wichteg ze soen, op engem Minimum vum Terrain e Maximum vu Punkten, well mer integréierten Naturschutz a Waasserschutz maachen, well mer Situatoune kreéieren, wou mer wierklech op engem klengen Terrain grouss Erfolleger kënnen erzielen, dat heescht, mir verbrauche manner Fläch wéi bis elo. An déi Fläch, déi verbraucht gëtt, do gëtt et och nach Chancë fir d'Landwirtschaft drop, well si bleift der Landwirtschaft erhalen, mat de Basisprimmen an natierlech och mat den Zousazprimme fir d'Biodiversitéit.

An et gëtt schonn éischt Beispiller, déi mer amgaange sinn en place ze setzen, déi eben eng gutt Gestiou mat de Bauerebetriber wirtschaftlech och interessant maachen an déi deeselwechte Verdéngscht verspriche mat manner Aarbecht, manner Stress.

Mir sinn also gutt preparéiert. Mir hu schonn éischt Beispiller. Mir hu scho méi wéi 450 Hektar kaaft an zwar - an dat ass och wichteg - an deene fënnf Secteur-écologiques, déi per Gesetz définéiert sinn. Mir si prett an de Règlement ass fäerdeg.

D'Grondprinzipien däerfe mer awer trotzdeem net vergiessen, och wa mer elo e Flächepool hunn: Do gëllt et als Éischt ëmmer erëm, d'Zerstéierung ze evitéieren, zweetens d'Zerstéierung ze minimiséieren, an als Drëtt, an dat ass dann awer érischt déi lescht Alternativ, heescht et ze kompenséieren.

Dir Dammen, Dir Hären, déi zweet wichteg Neierung, dat ass, dass de kommunalen Naturschutz gestärkt gëtt. De kommunalen Naturschutz kritt am Artikel 69 hei eng legal Basis. Et ass eng Unerkennung fir d'Aarbecht vu ville Pionéier an deem Beräich, dréit awer och derzou bäi, dass dës net exklusiv eng Affär vum Stat ass, mä dass mer alleguerten um Terrain praktesch solle matupaken. Dat ass äänlech wéi am Klimaschutzberäich, dass mer all d'Akteure brauchen, an och do si mer kohärent a prett. Mir fänke gläich a véier Regione mat Comité-de-pilotagen fir d'Natura 2000-Gebidder un, am Minett, am Ourdall, am Atertdall an awer och am Mëllerdall.

D'Kohärenz an d'Aféierung vun dese Comité-de-pilotagen, fir dass d'Gestiounspläng am Natura 2000-Gebitt gemaach an ëmgasat ginn, ass ganz wichteg. An hei sinn et grad d'Gemengen, déi d'Haaptakteure sinn. An déi Mesuren, déi hu mer jo schonn am Virfeld, am zweeten nationalen Naturschutzplang, festgeluecht, a mer hunn net nëmme Mesuren an Aktiounen festgeluecht hunn, mä sinn och nach vu 50 op 100 Milliounen eropgaangen, déi mer wellen investéieren. Dat soll eis e ganz grouss Schrëtt weiderbréngen, wat den Naturschutz ugeet, an zwar mat de Partner, well alleng wäerte mer et net schaffen.

Déi drëtt wichteg Ännerung, dat sinn eben d'Ziler an déi nei Definitionen. Heizou just véier Beispiller: déi sougenannt Services écosystémiques, also d'Déngschtleeschungen, déi d'Natur eis gëtt, gratis, sief et duerch eng Renaturéierung vun enger Beach, déi och nach en Héichwaasserschutz bedeet, wa vill Reen op eis duerkënnt. Oder Fliedermais, déi eis hëllefen, gratis Insekten ze verdillegen, an esou der Landwirtschaft hëllefen.

Dann eng weider Definition: d'Corridors écologiques, well et ass immens wichteg, dass mer e genetesch Austausch hunn an net nëmme vereenzelt Naturschutzgebidder, déi natierlech eis Kärstécker sinn, mä dass do Korridore sinn, wou e genetesch Austausch ka stattfannen, an dass mer zum Beispill Wëldebrécke maachen iwwer eis grouss Zerschneidungen, Autobunnen oder den Zuchreseau.

Drëttens gëtt awer och de landwirtschaftlechen Terrain geschützt. An Zukunft ass dës e Kritär fir Autorisatiounen an der Zone verte, an dat gëllt natierlech och fir staatlech a kommunal Projeten. An dofir kann et duerchaus sinn, dass dat e Kritär ass, wou emol eppes net gemaach kéint ginn, well et ass eis wichteg, dass genau deen Terrain och geschützt gëtt.

Op déi rezent Diskussioun vum de Biotopen, wou mer jo elo just an der Question parlementaire geschwat hunn, ginn ech elo net méi an, dat hat ech elo op deem Punkt vir.

Deen nächste wichtige Punkt ass natierlech d'Transparenz, kloer Regeln. Dës Gesetz hei ass besser strukturiert, et fënnt ee sech besser dran zrëck. D'Naturschutzgeneemegunge gi méi transparent kommunizéiert, fir dass all d'beträffe Bierger kënnen kucken, wat bei hinnen an der Gréngzon geschitt. A generell ginn all naturschutzrelevant Informatiounen online gesat.

Mir raumen dann och mat verschiddene Saachen op, déi laang onkloer waren a fir Sträit gesuergt hunn, zum Beispill den Artikel 17 iwwer Biotopen innerhalb vum Bauperimeter. Innerhalb vum Bauperimeter wäert et esou sinn, dass Biotopen op Demande zerstéiert kënnen ginn, si mussen awer monetär kompenséiert ginn. Domat, mengen ech, beendeg mer e jorzéngtelaange Sträit.

Da ginn och d'Regele fir d'Bauen an der Gréngzon méi kloer, well hei mat engem Règlement grand-ducal geschafft gëtt, fir dass mer et äänlech hu wéi op anere Plazen, a vun A bis Z iwwerall d'selwecht jugéiert gëtt.

D'Indemniséiere vum Schued vu geschützten Aarten ass en Thema, deen an deem Gesetz och ugaange gëtt, an hei handelt et sech natierlech ëm geschützten an net jobar Aarten an Indemnisiatiounen, déi domadder zesummenhängen. Dës kréien elo duerch dat neit Naturschutzgesetz eng legal Basis, fir dass de Stat fir dës Schued opkomme kann.

Dir Dammen, Dir Hären, mir schafe mat deem neien Instrument, mengen ech, eppes ganz Schlagkräftiges, fir dem Aarteschwond, deem mer begéien, entgéintzewierken. Mir setzen - an dat hat den Henri Kox a senger Ried gesot - Leitplanke fir d'zukünfteg Entwécklung vu Lëtzebuerg, Leitplanken, fir d'Liewensqualitéit hei zu Lëtzebuerg ze garantéieren.

Wichteg ass - an dat war ee vum Camille senge Messagen -, dass awer net ee Gesetz eleng eis wäert aus deem ganzen Aarteverloscht, Verloscht vu Biodiversitéit eraushëllefen. Et wäert och mussen esou sinn, dass mer seriö iwwert d'Agrarpolitik schwätzen, déi gemeinsam Agrarpolitik, déi elo zur Debat steet, well mir brauche souwuel e gutt Naturschutzgesetz, mä awer och all d'Partner um Terrain, déi mat an déiselwecht Richtung zéien.

Ech hoffen op jidde Fall dorop. An ech gesinn am Alldag ganz erfreesch Beispiller vu jonke Baueren, déi fir den Naturschutz schaffen, an och uerdentlech Leeschtungen dofir erwaarden. An ech mengen, dass, wa mer an déi Richtung ginn, mer hei zu Lëtzebuerg, genau wéi beim Klimaschutz, och am Naturschutz e Stéck weiderkommen. Dorobber ziele mer.

An ech wëll dës Bün elo net verlossen ouni e puer Mercien. Ech wëll fir d'Éischt emol dem Camille senger Famill e grouse Merci soen, dass si mir dem Camille seng Ried zur Verfügung gestallt hunn, fir mech fir de Mëtteg ze inspiréieren. Mir hu se natierlech ëmgeschriwwen op den haitegen Dag, dofir menge Mataarbechter, déi och douewe sëtzen an déi lescht Woche matgekämpft hunn, e grouse Merci, dass si mir geholfen hunn, dass mer dat heiten haut hkréien. An net zulescht dem Camille fir säin Asaz e grouse Merci. An hie géif sech freeën, haut derbäi ze sinn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Ëmweltministesch. A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7048 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7048 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss: 34-mol Jo, 26-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 7048 adoptéiert.

*Ont voté oui:* MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

*Ont voté non:* Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Mergen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete

Vott ze froen?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn dann nach mat enger Motioun vun de Kollege vum der CSV saisiéiert. Ech ginn der-vun aus, dass d'Motioun virgestallt gi war vun der Madamm Martine Hansen.

Ass de Wonsch do, fir dozou nach Stellung ze huelen?"

**(Négation)**

Dat ass net de Fall. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun iwwergoen.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer. 26-mol Jo a 34-mol Neen. Domat ass d'Motioun 1 ofgeleent.

*Ont voté oui:* Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Mergen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

*Ont voté non:* MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7045, der Reform vun der Police. An d'Madamm Rapportrice, d'Claudia Dall'Agnol, ass prett fir hire Rapport.

## 6. 7045 - Projet de loi sur la Police grand-ducale et portant modification:

**1° du Code de procédure pénale;**

**2° de la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État;**

**3° de la loi du 10 décembre 2009 relative à l'hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux;**

**4° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État;**

**5° de la loi du 18 décembre 2015 relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire, et modifiant la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;**

**et portant abrogation:**

**1° de la loi du 29 mai 1992 relative au Service de police judiciaire et modifiant 1. la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire; 2. le Code d'instruction criminelle; 3. la loi du 16 avril 1979 ayant pour objet la discipline dans la Force publique;**

**2° de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police**

**Rapport de la Commission de la Force publique**

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Dir Häre Ministeren, léif Kolleginnen a Kollegen, Här President, ech mengen, Dir

wësst et am Allerbeschten als fréiere Rapporteur: Virun net grad 20 Joer, am Mee 1999, hu mer hei zu Lëtzebuerg eng déif gräifend Reform duerchgefouert, déi aus der deemoleger Police an der Gendarmerie ee gemeinsame Corps geschafen huet, esou wéi mer en haut kennen, näamlech d'Police grand-ducale.

Säitdeem gëllt hei am Land, dass et eng Police gëtt, déi fir d'Sécherheet am Land zoustänneg ass, also ee gemeinsame Corps.

Wann een nach eemol dee Rapport noliess geet vun deemools, da stellt ee fest, dass d'Ziler vun där Reform 1999 och haut nach ëmmer gültig sinn, näamlech ze garantéieren, dass d'Police schnell op der Plaz ass, wa se gebraucht gëtt, an dat natierlech 24 Stonnen op 24, dann eng Vereinfachung och vun den inneren Strukturen an d'Festschreiw vum de präventiven a repressive Mesuren, déi d'Police huele kann, fir sech am Kontext vun enger ëmmer méi komplexer Kriminalitéit gutt opzestellen.

Genau dës waren net just d'Ziler vun der Reform vun 1999, mä et sinn och d'Ziler vun der Reform haut.

An da kéint ee sech jo froen: Firwat brauche mer dann eigentlech nach eng Reform, wann d'Ziler eigentlech déiselwecht bliewen? Ma ganz einfach: D'Welt, an dat wësse mer alleguerten, ass an de leschten 20 Joer net stoe bliwwen, a genausou wéineg natierlech d'Police. Mir brauchen awer haut aner Moyenen, fir déiselwecht Ziler ze erreechen an och e gudde Fonctionnement vun der Police garantéieren ze kënnen.

Säit 1999 huet sech zu Lëtzebuerg an an der Welt natierlech ganz vill verännert. An d'Police huet eng ganz Rei nei Aufgaben derbäikritt. Ech zielen lech elo hei just déi wichtigste op: de VisuPol, de Service vun der Videoiwwerwaachung hei an der Stad; de Service fir d'internationalen Relatiounen, dee sech ëm déi ëmmer méi wichteg international Responsabilitéit vun der Police këmmert; d'Operatiounen vum Schengener Informatiounssystem hei zu Lëtzebuerg an natierlech déi méi enk Zesummenaarbecht mat de Policeservicer vun deenen anere Memberstate vun der EU; oder och elo nach ganz rezent d'Aféiere vun de Radaren. Do muss jo dann och een déi net ganz beléifte Protokoller verschécken an och d'Fotoe vun de Blëtzer kontrolléieren.

Mä och aner nei Aufgaben hu bei der Police spezifescht Fachpersonal erfuerdert, sou zum Beispill d'Begleetpersonal fir de Policeheliporter, dee mer zënter 2005 hunn. An dann natierlech och Informatiker a Programmierer, souwuel fir d'Präsenz vun der Police um Internet an an de sozialen Netzwierker wéi och speziell ausgebildete Beamten, fir d'Kriminalitéit an deem Secteur ze bekämpfen. Eng Kriminalitéit, déi et esou virun 20 Joer nach quasi iwwerhaapt net gouf.

En vue vun all dësen zousätzlechen Aufgaben, déi ech elo opgezielt hunn, vun der Police, zousätzlech nach zu der demografescher Entwécklung hei am Land, verwonnert et och sécher net, dass d'Police mat engem Manktum u Personal ze kämpfen huet.

**(Interruption par la présidence)**

Ech huelen un, dat war net fir mech.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen.

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Dann ass et gutt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Et war fir...

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Dat braucht Der mer elo net ze soen.

Zwar ass d'Unzuel u Poliziste vun deemools 1.593 op haut 1.840 Leit eropgaangen, zousätzlech zu engem méi groussen Undeel un Zivilpersonal och an der Police, fir si ze ënnerstëtzen, mä net an deem Mooss, wéi et néideg gewiescht wär, fir den Entwécklung Rechnung ze droen.

Derbäi kënnt dann natierlech och, dass ëmmer méi héichqualifizéiert a spezialiséiert Personal och gebraucht gëtt, fir héichtechnesch Dosieren ze behandelen, wéi zum Beispill an der Wirtschafts- oder och der Finanzkriminalitéit.

D'Personal brauch awer och regelméisseg ugepaste Formations continues an natierlech och dat entsprechend Material, fir effikass schaffen ze kënnen. Dofir goufe jo och d'Waffe vun de Polizisten no laange Joren endlech ausgewieselt.

Mä et geet net duer, einfach just méi Personal anzustellen, och wann dat natierlech e ganz wichtige Volet ass. Et muss een och kucken, dass déi Fraen a Männer op den Terrain kommen an hir Aarbecht och anstänneg do verriichte kënnen. Dofir gesäit dës Reform och eng Territorialreform vir, well et huet sech an





de leschte Jore gewisen, dass d'Opdeelung tëschent de Centres d'intervention a Commissariats de proximité dobausse vum Bierger net verstanen an eigentlech och net gebraucht gëtt.

Wat de Bierger interesséiert, dat ass, wann en op de Büro geet, op de Policebüro geet, wou „Police“ dropsteet, dann och Police dran ass respektiv e Polizist och do ass, deen em virunhëllef kann.

Déi aktuell Commissariats de proximité sinn allerdéngs haut oft zou. Firwat? Well do meeschens just véier bis fënnef Poliziste schaffen. Wann dovunner dann ee krank ass, een am Congé ass an ee vläicht nach detachéiert gouf op eng national Missioun, fir ze hëllefen, dann ass entweder de Büro zou oder et fanne keng Patrouille méi statt. An dat wëlle mer mat dëser Reform dann definitiv änneren.

De Volet vun der Territorialreform an dësem Gesetz gesäit dofir vir, dass et zukünfteg just nach véier a keng sechs Policeregione méi wäert ginn: d'Regioun ronderëm d'Haaptstad (Région capitale), Norden, Süden-Osten an Zentrum-Westen (veuillez lire: Süden-Westen an Zentrum-Osten), mat hire jeeeweilegen Zentralen an der Stad, zu Dikrech, zu Esch an zu Gréiwemaacher.

Doduerch, dass et manner Regione wäert ginn, gëtt eng besser Gestiou, Organisatioun an och Kooperatioun tëschent de Policeservicer erméiglecht. Ausserdeem gëtt et, wéi ech grad schonns erkläert hunn, an Zukunft just nach Polizeikommissariater a keng Clen oder CPe méi. D'Proximitéit beim Bierger ass zukünfteg elo d'kloer Missioun vun all Polizist a Polizistin.

Zu de Fusione vun de Policekommissariater, déi och ni ouni Averstännis vun de betroffene Gemenge gemaach ginn, ass et vläicht och wichteg, emol oder nach eng Kéier ze soen, dass et ebe grad drëms geet, méi Polizisten op den Terrain ze kréien a se doduerch eben och disponibel ze maache fir d'Leit, de Bierger an d'Biergerin also. Well wat bréngt et, an all Duerf e Büro mam Schëld „Police“ ze hunn, wann dee Büro quasi ni op ass?

Bis elo hu schonn dräi där Fusione stattfonnt. Déi éischt waren d'Porte du Sud zu Schëffleng an de Commissariat Syrdall, donieft hunn och déi zwee Commissariater vun Esch fusionéiert. Zousätzlech hunn awer och eng ganz Rei Kommisariater sech emol fir eng Versuchsphas zesummegedoen. Eleng doduerch gëtt d'Disponibilitéit vun de Polizisten an deene Gemengen ëm ronn 80% gesteigert.

Dës Iwwergangsphas soll et an de betroffene Gemengen erméiglechen ze gesinn, dass dëst fir si effektiv eng gutt Léisung ass an domat e bessere Service um Bierger kann duerstellen, fir dass se dann och hoffentlech eemol definitiv fusionéiere kënnen. Säit Januar d'lescht Joer sinn et insgesamt aacht där Communautéite vu Commissariater.

Donieft ass awer och eng besser intern Struktur vun der Police néideg, fir dass eben effikass Decisiounen kënnen getraff ginn. Dofir gëtt dann och d'Direktioun vun der Police ëmorganiéiert. An Zukunft gëtt et nieft dem Directeur général just nach een Directeur général adjoint an dofir véier Directeurs centraux, déi fir d'Police administrative, d'Police judiciaire, Ressources et compétences a Stratégie et performance zoustänneg wäerte sinn.

Dës sechs Leit, déi bilden da gemeinsam de Comité de direction, deen dofir do wäert sinn, generell Froen ze klären an och d'Richtung vun der Police allgemeng festzeleeën. Dëse Comité soll dem Directeur général als Berodungsorgan déngen, fir wichteg strategesch Decisiounen ze huelen.

Mä net nëmmen d'Cheffe ganz uewen, mä d'Cheffen op allen Niveaue sollen doriwwer eraus méi staark sensibiliséiert ginn a fir Decisiounen stoen, fir dass d'Police insgesamt besser fonctionnéiere kann an och méi dynamesch gëtt.

Schliisslech ass et och noutwendeg, eng modern Personalpolitik bei der Police kënnen ze bedriewen. Dofir geet et an dëser Reform och drëms, eng méi strategesch Gestiou vun de Ressources humaines ze erméiglechen, sief dat fir de Rekrutement, d'Formatioun oder och d'Carrièresméiglechkeeten an der Police, déi duerch d'Aféierung vun de Carrièren A2 a B1 verbessert an un den allgemenge Statsbeamtestatut ugepasst ginn.

Zousätzlech muss och d'Zivillpersonal nach besser matagebonne ginn, fir d'Police bei all deenen Aarbechten ze ënnerstëtzen, déi keng reng Policeaarbechte sinn.

Schlussendlech gëtt och d'Ausbildung an der Policeschoul reforméiert. An déi zukünfteg Poliziste ginn deenen anere Fonctionnaires-stagiaires beim Stat wäitestgeend gläichgestallt.

Eng weider Baustell, déi betrëfft d'Police judi-

ciaire. Duerch déi bishereg Opdeelung huet et un enger nationaler koordinierter Virgeewis vum der PJ wäitestgeend gefeelt. Doduerch, dass et net ëmmer eng kloer Kompetenzenopdeelung tëschent der PJ an de SRECe gouf, konnt net ëmmer optimal zesummegeschafft ginn. A grad an Zäiten, wou d'Kriminalitéit awer, wéi ech virdru scho sot, ëmmer méi komplex an och iwwerregional an iwwert d'Landesgrenzen ewech fonctionnéiert, ass esou eng Zesummenaarbecht immens wichteg. Dofir gëtt d'PJ esou reforméiert, dass d'SRECent doran integréiert ginn, ouni awer, an dat ass immens wichteg, de proaktive Volet vun hirer Aarbecht um Terrain doduerch ewechfaltenze-loossen.

Et wäert an Zukunft just nach eng Zort vun Enquêteure ginn, déi an der Police judiciaire zesummeschaffen, mat enger nationaler Koordinatioun an dezentraliséierte regionale Servicer.

Ausserdeem gëtt e Comité d'accompagnement vun der PJ geschaaft, dee paritéitesch besat gëtt vun der Justiz a vun der Police, fir an der Haaptaach d'strategesch Prioritéite vun der PJ ze definéieren.

E leschte Volet betrëfft awer och déi legal Mesuren, déi der Police zur Verfügung stinn, fir dass d'Police am Déngscht vum Bierger ka schaffen an och effikass agéiere kann. Dofir brauch se déi néideg Moyenen, fir d'effentlech Uerdnung och kënnen ze erhalen an och soumat d'Sécherheet vun de Bierger ze garantéieren.

Dofir sollen duerch dës Reform och definitiv d'Mesurë vun der Police administrative, also der vorbeugender Policeaarbecht, legal kloer definéiert ginn. Dat selbstverständlech, an dat betounen ech, ouni de Schutz vun de Fräiheete vun de Leit ze gefäerden. Grad op deem Volet gouf och ganz vill a laang verhandelt, geschaaft an diskutéiert, fir hei e gudden Equilibre ze fannen.

An ech ginn hei kuerz op zwee Punkten an, wou vill Diskussiounen waren, wéini d'Mesures de police administrative solle kënnen agesat ginn.

Dat Éischt betrëfft d'effentlech Uerdnung, déi an a fir sech eng relativ vag Notioun ass, déi sech och mat der Zäit gewandelt huet. Mä déi wichtegst Elementer dovunner sinn d'effentlech Sécherheet, d'effentlech Rou an d'Propretéit vum effentleche Raum. Mir hunn dofir bei deene meeschte Mesuren ëmmer kloer derbäigeschriwwen, a wéi engem konkrete Fall se dierfen ugewannt ginn.

Dat Zweet betrëfft d'Notioun vun enger Gefor, déi „grave, concret et imminent“ muss sinn, fir dass esou Mesuren iwwerhaupt dierfe geholl ginn. Virun allem beim „imminent“ hu sech ganz vill Froen gestallt, wéi sech dat an der Praxis gestalte kann. Et gouf dofir och kloergestallt, dass et sech dobäi net ëm eng Gefor handelt, déi direkt antrëtt, well da wär et jo quasi schonn ze spët, mä dass et awer kloer ass, dass se sech deemnächst wäert ofspille respektiv wann den Zäitpunkt vun enger erhéichter Gefor schonn am Viraus kann determinéiert ginn.

D'Police, déi kritt also an Zukunft d'Méiglechkeet, wann dës Konditiounen jeeeweils erfëllt sinn, e Sécherheitsperimeter ze etabléieren, a wann een do erawëllt, Identitéitskontrollen duerchzuféiere beziungsweis bei engem Auto och eng Duerchsuechung vun deem Auto ze maachen, e Commerce oder en effentlecht Gebai vorübergehend zouzemaachen, eng Saisie vun Objeten duerchzuféieren oder och eng Person, déi kéint eng gesichte Persoun sinn, esou laang festzehalen, bis hir Identitéit konnt festgestallt ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn lech elo vill vun den Entwécklungen vun der Police an de leschten 20 Joer geschwat an och vun de Grënn, firwat dës Reform batter néideg ass, an de Léisungen, déi dës Reform ubitt. Mä och de Wee bei dës Reform war e längeren, deen ech dann och hei kuerz an Erënnerung ruffe wëll.

Et sinn awer entre-temps och schonns bal zéng Joer, dass mer dovunner schwätzen, dass et néideg ass, d'Police ze reforméieren. Am Regierungsaccord vun 2009 gouf eng éischte Kéier festgehale, dass d'Police sollt reforméiert ginn. Bis 2013 hu mer awer net vill matkrut dovunner. Dunn, an ech hunn den Datum nach eng Kéier erausgeschriwwen, de 4. Juli 2013 krute mer endlech en Avant-projet de loi presentéiert.

Dëse Projet gouf vun der leschter Regierung net méi deposéiert. Dofir stoung am Regierungsaccord...

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Dach, e gouf deposéiert! E gouf deposéiert als Avant-projet.

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), *rapportrice*.- ...vun der neier Regierung, also vun dëser

Regierung, och dran, dass mer déi Reform maache géifen, awer eréischt nodeems op der Basis vun engem externen Audit d'Situatioun genau analyséiert gi wär.

Den 30. Oktober gouf dësen Audit lancéiert. Am Juni 2015 gouf dann de Bilan vum Audit gezunn. An déi wichtegst Konkusiounen goufen den 22. Juni 2015 an der Kommissioun presentéiert.

Dës Konkusiounen hunn och schonns eng Rei Piste presentéiert, déi hire Wee schlussendlech och an déi Reform fonnt hunn: esou d'Reduktioun vun de Policeregionen, d'Fusioun vun de Commissariater, eng Reorganisatioun vun der Police judiciaire, eng Reorganisatioun vun der Policedirektioun an och d'Aféierung vun zousätzleche Carrièren an der Police, fir d'Police dann och méi attraktiv ze maachen.

Doropshi goufen an der Police sechs thematesch Aarbechtsgruppen agesat, fir konkret Propose fir d'Reform auszuschaffen. An deene waren all d'Carrièren vun der Police grad wéi d'Personalvertriedungen an d'Associatiounen och vertrauten.

De Bilan vun dësen Aarbechte gouf der Chamberskommissioun dann den 21. Dezember 2015 presentéiert. An ier déi legislativ Texter dann definitiv finaliséiert goufen, hate mer den 28. Juni 2016 nach e groussen Débat de consultation hei an der Chamber.

Am August datselwecht Joer gouf dann de Projet de loi deposéiert an de 27. September eng éischte Kéier an der Kommissioun presentéiert. An duerno si mer natierlech an enger ganzer Rei Sitzungen Artikel fir Artikel duerch den Text gaangen.

Natierlech krute mer och d'Avise vu ganz villen Akteuren, sou wéi vun den Associatiounen vun dem Zivillpersonal, de Cadres supérieurs an dem Personal vun der Police judiciaire, an da selbstverständlech och dee vum SNPGL, der Policegewerkschaft.

Den éischten Avis vum Statsrot koum de 14. Juli 2017. An d'Regierung huet doropshin nach eng ganz Rei Amendementer gemaach, déi eis ëmmer erëm an der Kommissioun och presentéiert goufen, bis de Statsrot schlussendlech a sengem zweeten Avis complémentaire de 24. Abrëll 2018 keng weider Opposition formelle méi ze maachen hat.

Den 3. Mee goufe vun der Kommissioun dräi Amendementsproposen vun der CSV ofgeleent, déi vun der Kommissioun majoritär fir onnéideg befonnt goufen.

Ech selwer gouf iwwregens den 28. September 2017 offiziell zur Rapportrice vun dësem Gesetzesprojet ernannt. Mäi schrëftleche Rapport, dee sollt dann ursprüngelech de 17. Mee ugehoen, mä opgrond vum trageschen Doud vum Staatssekretär Camille Gira een Dag virdrun hu mer natierlech dës Sëtzung ofgesot a se op den 31. Mee verréckelt.

An dësem Rapport recommandéiert d'Kommissioun der Chamber selbstverständlech, dëse Projet haut ze stëmmen. Si weist awer och drop hin, dass mer de Projet de loi 7044, deen d'IGP reforméiert, en temps utile wäerte musse stëmmen, fir dass béid Gesetzter zäitgläich a Kraaft kënnen trieden. A viséiert gëtt do ufanks Juli.

Domat wär meng Aarbecht als Rapportrice vum Projet de loi dann elo ofgeschloss. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschten. A menger Fonctioun als Presidentin och vun der Kommissioun vun der Force publique profitéieren ech awer - den Hals gëtt awer esou lues dréchen - nach eng Kéier dovunner, fir all deene Leit, déi an iergendenger Form dozou bäigedroen hunn, dass mer dëst Gesetz haut kënnen stëmmen, en oprichtige Merci ze soen: ënner anere natierlech der Police an och hirer Direktioun, allen zoustännegen Ministèren an all hire Mataarbechter - et sinn der ze vill, fir déi elo hei eenzel opzezielen -, den Associatiounen an de Personalvertriedungen, déi eis op d'Fangere gekuckt hunn, dem Personal natierlech aus der Chamber a virun allem dem Nathalie Schmit, eiser Mataarbechterin an der sozialistescher Fraktioun.

Voilà! D'Merci si verdeelt, mä den Accord vun de Sozialisten, dee ginn ech nach net zu dësem Projet de loi, well ech kommen herno dofir nach eng Kéier zrëck, fir dann och de Projet de loi aus der Vue vun de Sozialisten ze beliichten.

Fir elo emol villmools Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Rapportrice. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Léon Gloden fir d'CSV.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

**Discussion générale**

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här President. Merci direkt der Madamm Rapportrice

fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport zu dësem Projet de loi.

De Minister Schneider sot an engem RTL-Interview de 4. Mee, an ech zitieren, et wier „einfach irresponsabel, wann eng Partei wéi d'CSV dat do net wëllt stëmmen, wéi gesot, bon, mam Virwand vun eppes, wat eigentlech Kabes ass.“ Viru seet en...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Et fänkt gutt un!

**(Hilarité)**

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Lauschtert gutt no, well et gëtt net besser fir lech!

Viru seet en: „Ech kann et net novollzéien an ech muss lech ganz éierlech soen, datt d'CSV hei e Projet wëllt blockéieren, dee wierklech am Interêt ass vun enger Verbesserung vun der Sécherheet vun de Bierger, vu méi Proximitéit a virun allem och, fir der Police hir Aarbecht ze vereinfachen.“

Här President, et ass keng wesentlech Verbesserung, dëse Projet de loi, net fir d'Sécherheet an net fir d'Proximitéitsaarbecht vun der Police! D'CSV huet konkret Virschléi gemaach, déi mir e puermol an der Kommissioun an och hei am Plenum, notamment am Kader vun der Debatt zur Lag vun der Natioun wéi och an enger Interpellatioun 2017, virgedroen hunn.

Déi do dach e bëssen arrogant Positioun vun engem Minister weist, datt en iwwerhaupt net drop...

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Léon Gloden** (CSV).- ...aus ass... Dach, Här Minister! Lauschtert no! Dir sidd iwwerhaupt net drop aus, fir en Accord ze fannen.

**(Brouhaha général)**

D'Amendementer sinn einfach ofgeschmettert ginn ouni nohalteg Géigenargumenter... Dach! Den Här Schneider huet een Haaptargument: „Et ass alles Kabes.“ Ech hunn dann am Internet nogekuckt, firwat de Kabes alles esou gutt ass. An ee vun den Effets bénéfiques vum Kabes ass, datt e gutt ass géint d'Moschwieren.

**(Hilarité)**

Här Minister, Dir hutt besser, d'europäesch Produktioun vum Kabes opzekafen, well déi Polizisten, déi déi Reform hei mussen ëmsetzen, wäerte ganz vill a ganz oft Moschwiere kréien.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Ech widderhuelen et nach eng Kéier, Här President, hei direkt am Résumé, ier ech am Detail drop aginn: Dës Regierung huet sech zum Dogma gemaach, d'Commissariats de proximité zouzemaachen. Här Minister, och wann am...

**(Brouhaha)**

Här President, et ass vill Opreegung, wann d'CSV schwätzt.

**(Brouhaha général)**

Och wann am Text steet, Här Minister: «La Police est proche de la population, à laquelle elle fournit conseil et assistance.», beweist dat net, dass Der lech fir d'Proximitéitsaarbecht asetzt, well dat do ass einfach eng generell Floskel, eng Considération générale vun engem Text.

Mir hätte gär eng richteg Police de proximité, déi déi néideg Mëttel zur Verfügung gestallt kritt, fir de Service um Bierger am Terrain beim Bierger auszeüben. De Problem ass, Här Minister, Dir sidd net um Terrain! Ech sinn alt frou, datt Der haut hei sidd, fir Äre Projet de loi ze verdeedegen, well no lech...

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Léon Gloden** (CSV).- ...ass et jo eng Jorhonnertreform. Well déi lescht Zäit war Är Präsenz an der Chamber jo net berauschend! Mä gleeft mer, mir sinn um Terrain bei de Leit a mir wëssen, wou de Schong dréckt!

**(Brouhaha général)**

Zweetens, zweete Punkt...

**(Brouhaha général)**

► **Une voix**.- Mir si ganz wäit ewech!

**(Interruptions)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, Kolleegen, et huet just een d'Wuert, deen awer muss a Kaf huelen, wann en esou attackéiert, dass och Onmut geäussert gëtt.

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Zweete Punkt: de Platzverweis. Hei huet d'Regierung... Oh, Här Bodry, verteidegt net ze vill den Här Schneider, well en huet lech haut de Moien net verteidegt!





## (Hilarité et brouhaha)

Hei huet d'Regierung, zum Platzverweis...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech mengen, esou schlecht ass d'Dräierkoalitioun awer net.

## (Hilarité)

► **Plusieurs voix**.- Ah! Très bien!

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Gesitt Der, Dir hutt en...

► **Une voix**.- Wann s de dee Blödsinn do héiers!

## (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Zum Platzverweis. Hei huet d'Regierung et sech praktesch zur Aufgab gemaach,...

## (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

...vehement géint d'Fuerderung vun der CSV virzegoen. Dëse Refus absolu, fir de Platzverweis an d'Gesetz anzeschreiben, kënnen mir einfach net verstoen! D'DP ass derfir. Souguer an der Stater Schäfferotserklärung steet dës Fuerderung. D'Syndikater fuerderen et och. Op der leschter Versammlung am Garer Quartier ass dovunner geschwat ginn. A mir kréien dann, wéi et Är Aart a Weis ass, Här Minister, esou lapidar einfach gesot, mir wiere géint d'Heescherten!

Ech soen lech just, Här Minister, ganz besonnesch d'Geschäftsleit hunn et déck do sëtzen! A virun e puer Wochen ass et zu engem Incident komm bei engem Geschäft bei der aler Bourse, wou d'Polizisten hu misse geruff ginn, well d'Leit sech net méi getraut hunn, aus dem Geschäft erauszegoen. Mir als CSV fannen dat...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Dat ass jo awer gutt fir d'Geschäftsleit!

► **M. Léon Gloden** (CSV).- ...net normal. A wann Der der Meinung sidd, Här Minister, datt d'Proximitétsaarbecht am Gesetz esou verankert ass, wéi Dir dat de Leit dobaussen erkläert, da gëtt et keen Argument, fir géint de Platzverweis virzegoen. Et ass eng Mesure administrative, déi de Polizisten et erméiglecht, präventiv ze agéieren an net mussen ofzewaarden, bis eppes geschitt. Mä Dir wëllt d'Leit jo just ewechspären!

Mir fuerderen dann och nach bei der Police judiciaire direkt Rekrutierungsméiglechkeete souwéi eng Antenn vun der Police judiciaire an der Stad.

Här President, alles dat si legitim Fuerderungen, déi vum Terrain kommen, souwuel vun de Leit wéi vun de Polizeigewerkschaften. Ier ech am Detail awer op dës Punkten aginn, erlaabt mer, e chronologesche Réckbléck ze maachen.

D'Rapportrice huet et gesot: Den aktuelle Gesetzeskader vun der Police geet op 1999 zrëck. Den deemolegen Innenminister Michel Wolter hat dunn d'Police an d'Gendarmerie fusionéiert an ënner anerem och d'Commissariats de proximité op där enger Säit an d'Centres d'intervention op där anerer Säit agefouert. Mir wuesse permanent. Et kënn deemno och ëmmer méi Aarbecht op d'Polizisten duer. D'Erausfuerderunge ginn och ëmmer méi komplex. Mir sinn eis eens, datt d'Strukturen an d'Moyene vun der Police un déi nei Realitéiten ugepasst musse ginn.

Genee dat hat déi viregt Regierung och an hirem Programm stoen! Et sollt zu enger Revision vum Gesetz iwwert d'Police an d'Generalsinspektioun vun der Police, ma och vum Disziplinargesetz an der Force publique kommen. Sou huet de fréieren Innenminister Jean-Marie Halsdorf och mat de Viraarbechte vun enger Gesetzesupassung ugefaangen an hat der Police den Opdrag ginn, fir eng gréisser Analys vun der Policeaarbecht ze maachen, déi dann de Guide fir d'Reform sollt ginn. Dës grouss Linne sinn och an der Kommissiounssetzung vum Juli 2013 virgestallt ginn, an no mengen Informatiounen, Madamm Rapportrice, ass dunn och den Avant-projet de loi am Regierungsrot am Juli 2013 ugeholl ginn.

Déi fundamental Elementer wéi d'Proximitéit, d'Interventioun an d'Autonomie régionale woren net a Fro gestallt gi vum Här Halsdorf. Hie wollt dësen Esprit am Gesetz bäibehalen. Et bräicht een awer eng méi grouss Flexibilitéit an Effikasitéit, wat d'Asetze vu Personal an deene jeeweilege Kommissariater ugeet.

An deem Kontext huet de fréiere Minister am Kader vu Pilotprojeten op verschidde Plazen am Land d'Clen an d'CPe regroupéiert an op

anere Plazen, virun allem am ländleche Raum, sougenannt „communautés de commissariats“ getest.

Ma och, wat d'Organisatioun vun der Police-direktioun ugeet, goufe scho konkret Pläng opgestallt, déi och an de grouss Linne vun der Regierung an dësem Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, iwwerholl ginn. Dës Regierung huet an hirem Programm stoen, si géif d'Policereform, an ech zitieren: „finaliséieren“. Dat heescht fir eis, datt se um Avant-projet vum Här Halsdorf géif baséiert a fäerdeg gemaach ginn. Virdru sollt awer nach en Audit iwwert d'Organisatioun an de Fonctionnement an der Police gemaach ginn, op enger transparenter an objektiver Basis, mat Implikatioun vun allen Akteuren, déi concernéiert sinn.

Den Audit, Här President, huet ganzer sechs Méint gedauert, an zwar vun November 2014 bis Mee 2015, an huet ronn 215.000 Euro kascht. Domadder awer nach net genuch, well déiselwecht Firma, déi fir den Audit mandatiéiert ginn ass, krut och nach zousätzlech 1,6 Milliounen Euro, fir d'Police an der Ëmsetzung vun der Reform ze begleeden an ze ënnerstëtzen.

De Rapport vun dësem Audit ass schlussendlech awer just an enger resüméierter Versioun dem Public presentéiert ginn. Op enger Pressekonferenz am September 2015 hat mäi Fraktiounskolleg, de Michel Wolter, staark bedauert, datt mir als éischte Pouvoir vum Land d'Méiglechkeet net kritt hunn, fir dee ganze Rapport ze liesen. Just op konsequent Nohake via Bréiwer un de Chamberspräsident kruten d'Deputéiert dunn endlech d'Méiglechkeet, an d'Chamber ze goen an den Audit sur place ze liesen. Et gouf eis awer strengstens verbueden, eppes iwwert de Contenu dobaussen ze soen.

Mä och d'Objektivitéit ass fir eis ze kuerz komm, well d'Regierung respektiv den Auditeur kee Bilan vum aktuelle Gesetz gemaach huet. Den Audit huet vill Facettë vun der Police guer net erwäant, sief et d'Gesamtaufgab vun der Police, d'Schwächen an d'Stärkten, de Problem vun der Police des transports, d'Relatiounen tëschent Präventioun an Interventioun an d'Zesummenaarbecht an d'Roll vun de Mengen. Och wat d'Rekrutierungsproblematik an der Police ugeet, ass kee Wuert am Audit gefall.

Här President, eis Fraktioun hat am Oktober 2015 eng Orientéierungsdebatt ugefrot, déi awer vun der Regierung ignoréiert ginn ass a ganzer sechs Méint méi spéit an eng Konsultationsdebatt ëmgewandelt ginn ass. Dat d'autant plus, well den Débat de consultation just zwee Méint virum Depot vun dem Text Enn August stattfonnt huet. Wat bréngt do nach eng Debatt, wou d'Regierung d'Chamber iwwer e Sujet consultéiere soll? Hei hat de Michel Wolter nach eemol de Manktum un Transparenz, Objektivitéit an Implizéiere vun allen Akteure mat Recht kritiséiert.

Den Dépôt final vun deenen dräi Projet-de-loien, d'Police, d'IGP an de Statut disciplinaire, ass wéi gesot während der Sommervakanz Enn August virun zwee Joer gemaach ginn.

Am Kader vun de Kommissiounsaarbechte muss ech awer och hei nach eemol ganz kloer soen, datt mir d'Manéier, mat där hei gefuer ginn ass, net korrekt a seriö fannen. Hei sinn d'Ministere mat enger Armada vu Beamte mat TGV-Tempo duerch déi eenzel Artikele gefuer, ouni sech Zäit ze huelen, fir déi eenzel Dispositiounen am Detail ze analyséieren a mat de Membere seriö duerchediskutéieren.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Fläisseg!

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Et ass kee Signe vu Fläissegkeet, Madamm Loschetter! Et war manifest... Dir hutt jo och dofir haut esou e flotten orangé Schal un!

Et war manifestement guer kee Wëllen do fir eng konstruktiv Kooperatioun oder en Dialog.

## (Interruptions)

Zum Fong, Här President.

## (Brouhaha et interruption par Mme Viviane Loschetter)

Wéi och schonn d'Rapportrice gesot huet, war den éischten Avis vum Statsrot relativ kritesch ausgefall. Et ass hei besonnesch ëm d'Vermëschung tëschent den Autorités de police an de Forces de police gaangen, also deenen, déi iwwer eng Mesure decidéieren, an deenen, déi se exekutéieren, an awer och ëm d'Recoursméiglechkeeten an deenen neien administrative Missiounen vun der Police, déi am ursprénglechen Text net virgesi waren.

All deene Kriticke vum Statsrot ass an der éischter Serie vun de Regierungsamendementen Rechnung gedroe ginn.

Déi nei Struktur vun der Policedirektioun fënn

eis Zoustëmmung, well se sech och inspiréiert um Projet de loi vum Jean-Marie Halsdorf.

► **Une voix**.- Ah!

► **M. Léon Gloden** (CSV).- An Zukunft gëtt et nieft dem Generaldirekter just nach een Ad-joint. Zesumme mat deenen anere véier Zentraldirektiounen forméiere si de Comité de direction. An zwou vun deenen Zentraldirektiounen, nämlech d'Ressources et compétences an d'Stratégie et performance, däerfe sech elo zivill Leit op Direkteschposte mellen.

Ech kommen dann zu den Haaptpunkten.

Nach eng Kéier d'Proximitéit: Deen Term, deem am Gesetz vun 1999 ageschriwwen gouf, ass elo fale gelooss ginn. Mir als CSV kënnen mat dësem Prinzip net d'accord sinn. Fir eis ass a bleift d'Mission de proximité eng Conditio sine qua non vun der Police, esou wéi et am Projet de loi steet am Artikel 2: «La Police est proche de la population (...)». Wéi gesot, seet dat net vill aus.

Fir de Proximitéitsgedanken am Gesetz bäizebehalen, hu mir als Fraktioun an enger Kommissiounssetzung am Oktober 2017 en Amendement déposéiert, deen an déi richteg Richtung geet.

Mir hunn eis inspiréiert...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Här Gloden!

► **M. Léon Gloden** (CSV).- ...un enger Proposition de loi vum 11. September 2017 vum franséische Sénat, déi d'Police de proximité nees rehabilitéiere wëllt, nodeems déi vum fréiere President Sarkozy sengerzäit ofgeschaaft ginn ass. D'CSV ass der Meinung, datt een d'Proximitéit kloer am Gesetz soll verankeren an datt d'Missiounen, d'Moyenen an d'Formatiounen den haitege Realitéiten ugepasst solle ginn. An eisen Aen ass dëst mat dësen...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Här Gloden,...

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Loosst mech viru schwätzen!

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- ...dierf ech lech eppes froen?

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Loosst mech meng Iwwerleeung fäerdeg maachen! Duerno däreft Der mech eppes froen.

An eisen Aen ass dëst mat dësem Projet de loi net garantéiert. Aus de fréiere CPen a Cle ginn elo just nach Policekommissariater, deenen hir Missiounen awer net kloer definéiert sinn. D'Rapportrice huet selwer gesot: Elo ka jiddwereen alles maachen. D'CSV steet fir eng kloer Police de service de proximité.

Här Minister!

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Här Gloden, ech géif lech just... Dir zitéiert ëmmer d'Gesetz just deelweis. Dierf ech lech froen, den Artikel 2 vum Gesetz eng Kéier ganz ze liesen?

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Ech hunn deen am Ufank ganz zitéiert.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Neen, Dir hutt en net ganz zitéiert.

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Dach, am Ufank...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Neen, Dir loosst ëmmer en Deel vum Saz...

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Neen.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- ...ewech, wat d'Proximitéit ugeet.

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Neen, ech hunn e ganz am Ufank...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Dierf ech lech da rappeléieren, dass do net just steet: «La Police est proche de la population, à laquelle elle fournit conseil et assistance.» Do steet och nach: «Elle agit par des actions préventives, pro-actives, dissuasives et répressives.» Wann dat net Proximitéit ass, da froen ech mech wierklech, wat se ass!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Et ass just eng Definitioun.

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Et ass eng Definitioun, et ass keen Term „proximité“ dran.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...dat ass d'Differenz vum Ënnerscheid.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Här President, en anere Bewäis...

## (Brouhaha)

...derfir, datt d'Regierung keng Proximitétsaarbecht ënnerstëtze wëllt, sinn déi vill Fermeturé vun de Polizeikommissariater. Net nëmmen eis Memberen hu sech doriwwer gewonnen a

sech Suerge gemaach, mä och d'Kollege vun der DP an LSAP hu méi wéi eng Kéier eng Question parlementaire dozou gestallt.

An deem Kontext hu mir eis kloer och fir eng Kompetenzerweiderung vun den Agents municipaux, de sougenannten „Pecherten“, ausgeschwat. Do diskutéiere mer jo zurzäit och e Projet de loi mam Här Innenminister.

Fir eis ass et op jidde Fall net normal, wann d'Police hire fundamentale Missiounen, deene vum Maintien de l'ordre, net méi nogoe kann. Dat ass eng Kapitulation vun enger vun den Haaptaufgabe vun engem Rechtsstat! D'Regierung war awer net bereet, mat op dee Wee ze goen.

Zu de Mesure-administrativen, d'Madamm Rapportrice huet hei eng ganz Rei Mesuren opgezielt. Esou kréien d'Polizisten d'Méiglechkeet, am Fall vun enger eeschter, konkreter an eminenter Gefor zum Beispill, Identitéitskontrollen duerchzeféieren, e Sécherheitsperimeter opzestellen, Autoen ze duerchsichen, sech Zougang a Gebaier ze verschafen, Geschäftshaiser fir eng gewëssen Zäit zouzemaachen, eng Saisie ze maache souwéi eng Persoun en détention ze setzen. Och d'Eropsetze vun der Durée, fir eng Identitéitskontroll ze maachen, vu véier op sechs Stonne kënnen mir matdroen. Dëst war iwwregens am initialen Text net dran. A meng Fraktioun huet dat vun Ufank u gefuerdert.

Alles dat sinn nei präventiv Instrumenter, déi mir als Fraktioun begrëssen. Trotzdeem si se fir eis net komplett.

Wat d'Identitéitskontrollen ugeet, hu mir bemängelt, datt dës just fir verschidde Kontexte virgesi sinn an in fine d'Moyene vun de Polizisten aschränken. Zum Beispill däreft e Polizist keng Identitéitskontroll maachen, wann d'Tranquillité publique viséiert ass. D'Reform gesäit nieft enger Fouille de véhicules, also enger Autoduerschischung a bestëmmte Fäll, keng Fouille de sécurité vun enger Persoun vir. D'Regierung - an de Justizminister sëtzt hei - ass elo op de Wee gaangen an huet e separate Projet ausschaffe gelooss, deen och donéiert ginn ass, betreffend d'Fouilles administrative a judiciaire.

Här Minister, wa mer am Prinzip dee Projet kënnen begleeden, opgrond vun éischten Avisen, mengen ech, musse mer awer e bëssen un der Formulatioun schaffen, well en ass heiandsdo konfus formuléiert, datt een net richtig weess, wou ass elo den Ënnerscheid tëschent der Fouille administrative a judiciaire.

Mä mir bemängelen awer virun allem, datt d'Regierung net dovunner profitéiert huet, fir och de Platzverweis mat an de Katalog anzeschreiben. Mir hate schonn an eise Wahlprogramm de Platzverweis stoen. Jiddweree fuerdert och de Platzverweis, just net d'Regierung!

A menger Interpellatioun iwwert d'Sécherheet vum Land den 19. Januar 2017 wollte mer d'Regierung froen, wéi si déi rezent Kriminalitéitsfäll an och dat subjektivt Sécherheitsgefill bei de Leit gesäit a wëllt dergéint virgoen. An deem Kontext hu mer als Fraktioun eng éischt formell a konkret Initiativ ergraff an d'Regierung via Motioun opgefuerdert, de Platzverweis an de Katalog eranzehuelen. Dës Motioun gouf un déi zoustänneg Kommissioun verwisen an am Virfeld vun dëser Decisioun kloer vun der DP duerch hiren Deputéierte Max Hahn ënnerstëtzt als effikass Mesure.

Och d'Stater Buergermeeschtesch hat sech am August 2015 ganz kloer an däitlech fir de Platzverweis ausgeschwat. Trotz dëser positiver Haltung vun enger vun de Regierungsparteien, wat de Platzverweis betrëfft, ass eis Initiativ aus Koalitiounsgrënn spéider verworf ginn.

Och d'Policegewerkschaft SNPGL, d'Croix-Rouge an d'Caritas ënnerstëtzen eis an där Ap-proche.

Mir hunn deemools ugekënnegt, datt mir, am Fall wou d'Motioun net vun der Majoritéit géif matgedroe ginn, en Amendement géife maachen. De Platzverweis ass duerfir an eisen Ae wichteg - awer net nëmmen, wéi gesot - fir d'Sécherheet vun de Bierger, mä och fir d'Sécherheet vun de Beamten, vun de Pompjeeën, Polizisten, Ambulancier an anere Leit, déi sech asetzen. Wann hei eng Persoun oder e Grupp vu Leit den Ordre public stéieren a refuséiere fortzegoen an doduerch eng Gefor duerstellen, kënnen d'Polizisten, ouni mussen op eng Commission d'infraction ze waarden, also ouni drop ze waarden, datt een eng Strofdot begeet, intervenéieren. Mir verstinn dës Haltung vun der Regierung einfach net!

De Minister hat als Géigenargument zum Platzverweis gesot, datt d'Gesetz d'Méiglechkeet gëtt vun der Détention administrative. Dës Dispositioun, Här Minister, ass awer vill méi restriktiv wéi eise Platzverweis. An duerfir verst mer Är Haltung net.





Zur Police judiciaire. Zu deenen anere Missionen vum der Policeaarbecht gehéieren déi, déi manner visibel fir de Bierger sinn, mä déi och genauso wichteg sinn, fir d'Vertrauen an d'Justiz och ze gewannen. Et handelt sech ëm d'Police judiciaire, also d'Enquêteuren, déi um Terrain sinn, wann eng Dot geschitt ass a wou d'Prävention net méi duergaangen ass. E Polizist kann nun emol net déi ganzen Zäit op alle Plaze gläichzäiteg stoen. Do ginn et, am Vergleich zu der Police administrative, awer relativ wéineg Artikelen am Projet de loi.

De Gesetzesvorschlag gesäit och eng Restrukturatioun vum de Servicer vum der Police judiciaire vir. Nieft der Direktioun vum dem SPJ kommen dräi regional Antennen derbäi, an zwar an de Regionen Norden, Südwesten an Zentrum-Osten. Heizou hu mir als Fraktioun och nach virgeschloen, eng véiert Antenn an d'Hauptstad ze setzen. Dës soll genee wéi déi aner dezentraliséiert Servicer sech ëm déi méi kleng Kriminalitéit um Territoire vum der Stad Lëtzebuerg këmmen an ass also net ze verwiesele mat der Direktioun, déi och an der Stad hire Sätz huet, mä déi sech ëm déi méi grouss Kriminalitéit këmmert, déi sech mat deene méi grouse Kriminalitéitsfäll befaasst.

Fir eis ass dës esou wichteg, well mir d'Proximitéitsaarbecht wëlle bäibehalen, déi, och wat d'Aarbecht vum den Enquêteuren ugeet, soll lokal verankert bleiwen.

Doriwwer eraus hu mir och virgeschloen, datt d'Relatiounen tëschent deene verschiddene Servicer vum der PJ souwéi och den Informationsaustausch regelméisseg solle stattfannen. Dësen Ajout ass fir eis wesentlich, fir datt kohärent an effikass Enquête garantéiert ginn an d'Aufgabe vum de verschiddene Servicer kloer gestallt ginn. Och dat ass verworf gi vum der Regierung.

Här Minister, Dir hutt haut de Moien um Radio gesot, wann ech lech gutt verstanen hunn, dat géif jo am Text stoen, well et wier e Comité d'accompagnement. Ech muss lech dann invitéieren, Ären Text eng Kéier ze iwwerliesen. Artikel 48.(1) «La direction centrale police judiciaire comprend le Service de police judiciaire (...) composé d'une direction, de départements subdivisés en sections, de services décentralisés de police judiciaire dans les régions Nord, Sud-Ouest et Centre-Est. Le nombre de départements et de sections ainsi que leurs missions respectives», also just d'Département an d'Sektiounen, «sont déterminés sur avis du comité d'accompagnement.» Do steet näischt vum de Services décentralisés dran.

E leschte Punkt: Wat de Regimm vum der Responsabilité civile ugeet, do war am initialen Text eng Derogatioun fir d'Poliziste virgesinn, déi awer vum Statsrot eng Rout Kaart wéinst „différence de traitement“ ausgedeelt krut. Doropshin huet d'Regierung déi Dispositiounen einfach aus dem Text erausgeholl a gesot, si géif dat iwwer e separate Projet regelen.

Och hei hätte mir léiwer gehat, datt déi Fro am Kader vum dësem Gesetz geregelt gi wier. Mir sinn awer der Meinung, datt een d'Fro vum der Haftpflicht am Fall vum engem Accident fir jiddwer Beamten, deen eng Waff a senger Funktioun dréit, soll regelen, dat heescht, fir d'Police an awer och d'Armée, d'Douanieren an d'Membere vum Geheimdëngscht.

Här President, ech deposéieren déi dräi Amendementer, déi dann herno jo och zur Ofstëmmung kommen, déi och sechs Signaturen hunn. Wann ech gelift!

## Amendement 1

### Amendement

L'article 2 est modifié comme suit:

«Art. 2. Dans l'exercice de ses missions la Police exerce un service de proximité tendant à maintenir l'ordre public et à assurer des relations de confiance avec la population, veille au respect et contribue à la protection des libertés et des droits individuels.

La Police est proche de la population, à laquelle elle fournit conseil et assistance. Elle agit par des actions préventives, pro-actives, dissuasives et répressives, tout en prenant en compte les attentes de la population.»

### Commentaire de l'amendement

Pour notre groupe politique, la mission première de la Police doit être celle de la prévention. Elle n'est pas là uniquement pour faire de la répression, mais doit en quelque sorte rappeler et expliquer les règles et prendre également en compte les attentes de la population en matière de sécurité locale. Pour ce faire, elle doit être en contact permanent avec les citoyens, sensibiliser la population aux questions de sécurité pour favoriser également une participation active des citoyens, dans l'objectif d'établir une relation de confiance entre la population et les forces de l'ordre. Bien que la notion de proximité ait été introduite dans le cadre de la loi du 31 mai 1999, censée être

remplacée par le projet de loi sous rubrique, l'évaluation de la criminalité mais aussi de la technologie et des modes de vie ont accentué au fil du temps la rupture du lien entre la police et le territoire. C'est pour cette raison que nous estimons que la notion de proximité devrait être maintenue dans le cadre légal tout en soulignant que les missions doivent être clairement définies et les moyens nécessaires mis à disposition.

Le Gouvernement actuel a l'intention de fusionner un certain nombre de commissariats de proximité. Une telle réorganisation est compréhensible à condition de contribuer effectivement à une meilleure efficacité et disponibilité des agents de police sur le terrain. Afin de garantir cette amélioration, nous proposons de réintégrer la notion de «proximité» dans le projet de loi en nous inspirant de la proposition de loi du 11 septembre 2017 de la Chambre haute du Parlement français (Sénat) visant à réhabiliter la police de proximité.

(s.) Léon Gloden, Diane Adehm, Nancy Arendt, Félix Eischen, Jean-Marie Halsdorf, Laurent Mosar.

## Amendement 2

### Exposé des motifs

Le groupe politique CSV estime que la réforme de la police envisagée par le Gouvernement actuel devrait être mise à profit pour fournir à la police les moyens nécessaires à l'accomplissement de ses missions.

Ainsi, le CSV soutient l'ambition du Gouvernement - une ambition d'ailleurs partagée par les Gouvernements précédents - de procéder à un renforcement des effectifs de la police (policiers et cadre civil). D'autre part, le CSV salue la volonté du Gouvernement de détailler une à une les mesures de police administrative que pourront actionner les agents de la police.

Nous considérons que l'accomplissement efficace des missions de police administrative est fondamental pour assurer le maintien de l'ordre public, pour prévenir les infractions et protéger les personnes et les biens. Il s'agit de faire jouir leurs habitants des avantages d'une bonne police, comprenant la propreté, la salubrité, la sûreté et la tranquillité dans l'espace public.

C'est au vu de toutes ces considérations que notre groupe politique a, à plusieurs reprises, notamment via motion déposée le 19 janvier 2017, invité le Gouvernement actuel à introduire dans notre arsenal juridique l'instrument du «Platzverweis». À la différence du périmètre de sécurité qui limite l'accès à ou le séjour dans celui-ci généralement à toute personne, l'injonction de quitter un endroit vise une personne voire un groupe de personnes déterminé(e) qui menace ou trouble l'ordre public.

Nous considérons dès lors que les agents de la force publique devraient pouvoir enjoindre à une personne troublant l'ordre public de quitter un endroit pour une durée limitée dans le temps.

De surcroît, la police devra, pour empêcher la commission d'infractions, pouvoir interdire à des personnes déterminées l'accès et le séjour dans un endroit précis. Prenons l'exemple de soi-disant «supporteurs» connus pour avoir été impliqués dans des exactions au bord de matchs de football. Via la mesure de l'interdiction d'accès et de séjour prononcée à l'égard de telles personnes, la police devra pouvoir utilement prévenir la commission d'infractions.

Il va de soi que lors de l'exécution de ces mesures, la police veille au respect de la protection des droits et libertés fondamentales, et notamment des libertés d'expression, de réunion et de circulation.

### Amendement

Il est ajouté un nouvel article 7 libellé comme suit:

«Art. 7 (1) Lorsqu'une personne ou un groupe de personnes se comportent de manière à créer un danger grave, concret et imminent pour la sécurité publique, le bourgmestre ou le ministre respectivement son délégué, à la demande du bourgmestre peut, tant que ce danger perdure, instituer pour la période de temps qu'il détermine et qui ne peut excéder dix jours renouvelables sur décision du bourgmestre ou, le cas échéant, du ministre respectivement de son délégué, une interdiction d'accès et de séjour sur une partie de la voie publique ou dans les lieux accessibles au public concernés par ce danger, qui sont déterminés par le bourgmestre ou, le cas échéant, par le ministre respectivement par son délégué. L'interdiction d'accès et de séjour peut être instaurée sur décision orale du bourgmestre ou, le cas échéant, du ministre respectivement de son délégué, à confirmer par écrit dans les quarante-huit heures.

Si l'interdiction d'accès et de séjour est susceptible de concerner le territoire de plusieurs communes, l'institution en appartient au ministre ou à son délégué.

(2) Toute personne concernée par l'interdiction d'accès et de séjour, qui se maintient dans la partie concernée, peut être éloignée, au besoin par la force.

(3) L'interdiction d'accès et de séjour est faite par un officier de police administrative.»

### Commentaire de l'amendement

À l'instar du Gouvernement, notre groupe politique souhaite fournir à la police les moyens lui permettant d'être plus efficace dans le domaine de la police administrative et donc de la prévention. Nous considérons que les mesures prévues par le texte de loi en projet sont à cet égard insuffisantes.

Le libellé du nouvel article 7 est inspiré de la législation de certains Länder allemands, tels la Rhénanie-du-Nord-Westphalie ou Bade-Wurtemberg.

Le paragraphe 1<sup>er</sup> précise que la police peut ordonner à une personne, qui, par son comportement ou son action, trouble ou menace la sécurité publique, de quitter immédiatement un lieu déterminé ou de ne plus y accéder temporairement. Cette mesure viendra en sus de la mesure dite du périmètre de sécurité qui, tel que cela ressort du commentaire du nouvel article 6 du projet de loi n°7045, ne pourra par exemple pas être actionnée en cas de rassemblements de personnes intimidant les passants.

Au cas où la personne n'obtempère pas à l'injonction, elle pourra être éloignée, si nécessaire, par la force.

Le nouvel article 6 accorde à la police la possibilité d'interdire à des personnes déterminées, tels par exemple des «hooligans», l'accès et le séjour à un endroit précis. Cela permettra à la police de prévenir la commission d'infractions. L'interdiction d'accès est toutefois limitée dans l'espace et dans le temps, à savoir dix jours au plus, par analogie des contrôles d'identité, de l'instauration d'un périmètre de sécurité et des fouilles de véhicules, et est également susceptible d'un recours en réformation devant le tribunal administratif. Elle ne peut être exécutée que par un officier de police administrative.

L'ajout de ce nouvel article aura comme conséquence que la numérotation des articles subséquents, de même que les renvois à ces articles devront être adaptés.

(s.) Léon Gloden, Diane Adehm, Nancy Arendt, Félix Eischen, Jean-Marie Halsdorf, Laurent Mosar.

## Amendement 3

### Amendement

L'article 49 (ancien article 48), paragraphe 1, est modifié comme suit:

«Art. 49. (1) La direction centrale police judiciaire comprend le Service de police judiciaire, désigné ci-après „SPJ“, composé:

1° d'une direction;

2° de départements subdivisés en sections;

3° de services décentralisés de police judiciaire dans les régions Capitale, Nord, Sud-Ouest et Centre-Est.

Le nombre de départements et de sections ainsi que leurs missions respectives sont déterminés sur avis du comité d'accompagnement.

Le SPJ a son siège dans la Région Capitale.

Le SPJ et les services décentralisés entretiennent des relations régulières et s'échangent les informations utiles à leurs missions respectives.»

### Commentaire de l'amendement

Toujours dans l'esprit du maintien de la proximité dans le travail policier, notre groupe politique estime qu'à côté des trois services décentralisés de police judiciaire, il serait opportun de prévoir un service décentralisé dans chaque région, y compris la région «Capitale». Il importe de préciser que ce service, de par ses missions, se distingue du siège du SPJ, également situé dans la région «Capitale».

La centrale de SPJ dispose donc, à côté de ses trois services décentralisés (antennes) déjà prévus dans le projet de loi, à savoir ceux de Diekirch, Esch/Alzette et Grevenmacher, d'une antenne implantée à Luxembourg-ville. À l'instar des autres services décentralisés de police judiciaire, dont l'intérêt principal est la proximité géographique, elle est compétente en matière de criminalité générale, de délinquance juvénile, de vols organisés et de stupéfiants.

Dans le cadre de leurs missions respectives, la centrale et les antennes régionales sont tenues d'entretenir des relations et échanges réguliers. Cette obligation découle de l'intérêt commun à mener des enquêtes efficaces et coordonnées dans les régions respectives. Il est en effet d'une importance cruciale d'avoir un échange d'informations régulier entre les différentes entités afin de ne pas mener des enquêtes parallèles ou d'exécuter des missions qui, en fait, de par leur nature, devraient être attribuées à la centrale respectivement au service décentralisé territorialement compétent.

(s.) Léon Gloden, Diane Adehm, Nancy Arendt, Félix Eischen, Jean-Marie Halsdorf, Laurent Mosar.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Zum Schluss vum dëser Ried wëll ech awer Merci soen all deene Polizisten, déi dagdeeglech hiert Bescht ginn am Dëngscht vum Bierger. Ech maachen och en Hommage un déi, déi am Asaz hiert Liewen hu misse loossen oder verletzt gi sinn, an dat mat de Wierder vum Hervé Vlamynck, e franséische Magistrat an ancien Commissaire principal de police, dee sot a sengem Buch iwwert d'Policerreform a Frankräich: «A la mémoire des policiers pour qui le métier de policier, métier difficile physiquement, nerveusement, émotionnellement et familialement, constituait un véritable sacerdoce.»

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Claudia Dall'Agnol fir d'LSAP.

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP).- Ech hat net domat gerechent, dass et esou séier schonn erëm u mir wär. Här President, Dir Häre Ministeren, d'Sécherheet, dat ass e Grondrecht. Ouni Fräiheet keng Sécherheet an ouni Sécherheet keng Fräiheet: Ech mengen, dat gouf scho méi dacks hei, net nëmme vu mir, vu ville Riedner op der Tribün gesot.

D'Sécherheet vum de Bierger, a vun alle Bierger, ze garantéieren, dat ass eng primär Aufgab vum Stat an zwar vum Stat ganz eleng. Wann ee Stat dëser Aufgab net méi nokomme kann, da féiert dat zur Privatiséierung vu Sécherheet, zur Schafung vum „gated communities“ fir Superräicher, zur Kreatioun vu Bürgerwehren duerch besuerge Bierger, déi d'Gesetz an déi eegen Hand huele wëllen. Et féiert also onweigerlech dozou, dass Leit an hire Grondrechter, an hirer Sécherheet souwéi an hirer Fräiheet beschnidde ginn.

Leider sinn esou Zeenarien och hei an Europa keng abstrakt Schreckgespenster méi, mä et gëtt ëmmer méi konkret där Beispiller. Esou wäit däerf et hei zu Lëtzebuerg, léif Kolleginnen a Kollegen, ni kommen!

An dofir brauche mer eng modern Police, eng Police, déi den Erausforderunge vum eiser Zäit gewuess ass an déi och déi noutwendeg Moyaenen zur Verfügung huet, fir dës Erausforderungen unzuegoen.

D'Reform vum Policegesetz, ëm dat et haut geet, ass dozou ee ganz zentralen an och immens wichtige Bausteen, well duerch d'Gesetz d'Police déi wichteg an néideg Moyaenen op enger legaler Basis zur Verfügung gestallt kritt, fir eben hir Aarbecht, déi keng einfach ass, gutt kënnen ze maachen.

Mä d'Reform vum eiser Police, déi fänkt haut net mat dësem Text oder mat dësem Vott un! Zur Reform gehéieren och eng ganz Rei net legislativ Mesuren, déi zum Deel schonn ëmgesat goufen an och éischt Resultater bréngen. Sou huet eise Minister, den Etienne Schneider, quasi vum Ufank un de Rekrutement fir d'Police massiv an d'Luucht gesat doduerch, dass en all Anwërter, déi den Opnamexame gepackt hunn, och zur Ausbildung zougeloo ass huet, a jiddwereen, deen den Ofschlossexame gepackt huet, och als Polizist vereedegt an agestallt ginn ass.

Zousätzlech ass och vill méi zivillt Personal agestallt ginn, fir d'Police bei hirer Aarbecht ze entlaaschten. Dat war eng éischt, awer eng immens wichteg Mesure, fir d'Situatioun, wéi mer se virfonnt hunn, an de Grëff ze kréien. Sou konnten d'Effektiver vum der Police netto vum 2.153 am Joer 2014 op 2.341 am Joer 2017 klammen.

Dernieft hunn éischt Kommissariater fusionéiert - ech si virdrun am Rapport drop agaangen -, wou een och e ganz positive Feedback kritt. Et soll een also net maachen, wéi wann dat en Echec wär!

Wichteg Material ass erneiert gi bei quasi allen Unitéiten a Servicer, wéi zum Beispill bei der Spezialunitéit. An d'Police huet och endlech, wéi ech virdru scho sot, nei Dëngschtwaaffe kritt. Ech si virdrun am Rapport drop agaangen, dofir ginn ech elo net méi an den Detail.

**(Mme Simone Beissel prend la présidence.)**

De Budget vum der Police ass dofir och vum 208,5 Milliounen am Joer 2014 op méi wéi 227 Milliounen 2017 eropgaangen.

Zousätzlech dozou ass jorelaang um sougenannten „virtuelle Kommissariat“ geschafft ginn, fir dann déi Proximitéit zum Bierger och





online Realitéit ginn ze loosse. An dësen am-bitiéise Projet soll jo och elo séier Realitéit ginn.

Dës Mesuren an déi gutt Aarbecht, déi vun de Leit an der Police gelescht gëtt, déi dréit och hir Frichten, well d’Kriminalitéit hei am Land ass säit 2014 vu Joer zu Joer kontinuierlech ëm ronn 4,5% zrëckgaangen. Dat ass elo definitiv eng gutt Noriicht an och e positive Bilan vun der Aarbecht, déi vun allen Akteuren an de leschte Jore gelescht gouf.

Mat deem Policegesetz, dat mer haut hei stëmmen, kënn awer e wichtege Bausteen derbäi. An d’Ëmsetzung vun dësem Gesetz och iwwert dës Legislaturperiod, déi elo gläich wäert zum Schluss kommen, eraus wäert d’Basis vun enger erfollegräicher Policeaarbecht fir déi nächst 20 Joer bilden.

Mä kommt, mir kucken nach eng kéier kuerz zrëck! Virdu ass vun der Fusioun geschwat ginn. D’LSAP hat deemools déi Fusioun an hirem Wahlprogramm. A wa meng Informatiounen richteg sinn, da kum se deemools net an de Regierungsprogramm eran, well d’CSV dat net wollt. An eréischt wéi een hanne bäi a vir widder war, du konnt den Alex Bodry, den deemolege Policeminister, déi Fusioun duoen. Et soll een also hei keng Geschichtsverfälschung maachen a maachen, wéi wann och déi Fusioun deemools op der Mëscht vun der CSV ganz eleng gewuess wär!

An da kommen ech natierlech och net derlaanscht, fir e puer Wuert zu den CSV-Amendementen ze soen an och, firwat meng Partei, d’Sozialisten, déi net matgedroen huet an der Kommissioun an déi och hei herno net wäert matdroen.

Ech fänke mam Platzverweis un. D’CSV huet mat der Fuerderung nom Platzverweis jo ëmmer erëm datselwecht gemaach. Offiziell fuerdert se déi, fir zum Beispill géint Hooligans virzegoen. Mä an den Debatte komme se dann awer ëmmer erëm op dat zrëck, ëm wat et hinnen eigentlech geet, näamlech ëm d’Heescherten. An dat kann een och am Analyteschen...

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Dat ass jo guer net wouer!

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (LSAP).- ...noliesen, well do gouf d’Kand all kéiers mam Numm genannt. An, Här Gloden, hei ass den Analytesche vum 19. Januar an och dee vum 9. Februar. Ech hu leider net Zäit genuch, soss hätt ech lech e puer Saachen dovunner virgelies. Mä jiddweree kann dat selwer doheem noliesen.

(Interruptions)

Soll ech eppes virlesen? Maja.

(Brouhaha)

„Et entsteht awer eng Kontrovers op d’Mendicitéit.“ Sinn dat net Heescherten?

► **Plusieurs voix**.- Dach!

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (LSAP).- Voilà! An dann: „Eleng ronderëm de Royal Hamilius souzen op 100 Meter dräi bis véier Heescherten.“

► **Une voix**.- Oh!

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (LSAP).- Uuh! Wat kann ech dann nach virlesen? Kommt, ech huelen den een aneren!

(Brouhaha et interruption par la présidence)

„Et geet drëm, mam Platzverweis mat enger onbürokratescher Mesure schnell um Terrain an am ëffentleche Raum ze handeln, wann d’Biergerinnen an d’Bierger an hirem subjektive Sécherheetsgefill affektéiert ginn.“ Op dat Subjektiv kommen ech awer nach eng kéier zrëck.

Haut gouf effektiv d’Kand net eng kéier mam Numm genannt. Mä kommt, mir huelen emol nach eng kéier dat offiziell Argument, dat se dann hei virbréngen, dass eng Persoun oder eng Personengrupp, déi Hooligans, solle kënne vun enger ëffentlecher Plaz verwise ginn, wann, esou soe se, si sech géifen esou behuelen, dass se eng Gefor fir d’ëffentlech Sécherheet wieren! Hei gëtt et zwou Mesuren am Policegesetz, déi déi Fäll ofdecken! E Sécherheetsperimeter - ech si virdu schonns drop agaangen -, an dee keen erandäerf, vun deem d’Identitéit net kontrolléiert gouf. A wann do eng Persoun da randaléiert, dann dierf se natierlech och aus deem Perimeter erausgehäit ginn.

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Dee muss awer fir d’Éischt definéiert ginn.

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (LSAP).- Wann also elo gewosst ass, dass op en internationale Fussballmatch Hooligans kommen, an dat ass meeschtens gewosst, mir kenne jo d’Equppen,

géint déi eis Nationalequipp spillt, da kann een och déi Gefor domadder matzäit ënnerbannen.

A fir déi aner Fäll, do gëtt et och en Artikel, den Artikel 14, laut deem eng Persoun, déi eng Gefor fir sech selwer oder fir anerer duerstellt, ka bis zu 12 Stonne matgeholl ginn. Dat war virdu den Artikel 37. Dir kënnt lech erënneren, d’Policedirektioun huet extra nach Präzisounen ausgeschafft.

Dofir bleiwe mir Sozialiste bei eiser Meenung, dass déi Mesuren duerginn an dass mer dee Platzverweis hei net brauchen.

De Problem vum Platzverweis: Dee wär an engem Fall, wou wierklech eng Gefor vun enger Persoun géif ausgoe fir d’ëffentlech Sécherheet, deemno iwwerhaapt net effikass genuch, well wéi wëllt ee kontrolléieren, wann d’Police deen elo mathëlt, dass en net direkt erëm zrëckgeet oder op enger anerer Plaz - mir schwätze meeschtens vun der Stad Lëtzebuerg -, op enger anerer Plaz vun der Stad Lëtzebuerg da randaléiert? Muss dann d’Police deem Mann oder där Fra duerch d’ganz Stad hannendrunn? Ech mengen, déi Froen hunn ech hei schonn eng kéier bei der Debatte opgeworf gehat.

Wéi gesot, der CSV geet et eigentlech och guer net ëm dat, wat se hei freet, ëm d’Hooligans. Dofir huet jo och, wéi gesot, den Här Gloden zweemol zu deem Thema hei d’Heescherte genannt. Ech sot virdu, en hätt gesot: „(...) wann de Bierger oder d’Biergerin an hirem subjektive Sécherheetsgefill affektéiert ginn“. Bon, bei allem Versteedsdemech derfir, dass ee sech perséinlech onwuel fille kann, ech mengen, dat hat jiddweree vun eis schonn emol déi eng oder déi aner kéier, mä d’Police kann awer net opgrond vun enger gefillter Gefor vun enger Persoun Leit vun enger Plaz verweisen!

De Platzverweis, dat wär en Agrëff - an dat wësst Dir als Jurist besser wéi ech - an dat vun eiser Verfassung garantéiert Grondrecht, sech op der Place publique fräi kënne opzehalen an ze bewegen. An dat Grondrecht, dat kann een net ausser Kraaft setze just duerch individuell gefillte Situatiounen, wou d’Grenzen iwwregens fir all Persoun anescht leien. Deen ee fillt sech éischter onsécher wéi deen aneren.

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Dat do Argument...

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (LSAP).- Mä dat soll nëmmen an objektive Fäll de Fall sinn.

► **M. Léon Gloden** (CSV).- ...spillt fir all Mesure administrative.

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (LSAP).- Mir als Sozialisten, an ech soen et nach eng kéier, mir bleiwen dofir bei eisem Standpunkt, deen ass, dass de Platzverweis, wéi Dir e fuerdert, net sënnvoll ass an dass d’Mendicitéit virun allem e soziale Problem ass, deem een och duerch sozial Mesurë begéine muss. An dat ass net primär e Sécherheetsrisiko.

A wa mer bei der Stad Lëtzebuerg sinn, ech mengen, Här Gloden, Är Partei huet jo och do Verantwortung. Dir hutt eng Sozialschäffen, d’Madamm Wiseler, an den Här Wilmes soll e Plan logement ausschaffen. Gesitt an der Stad déi néideg Léisunge vir, gesitt genuch Sozialwunnengen a Projete vir fir déi Leit. An da kann een dee Problem vun der Mendicitéit, vun den Heescherten och sécherlech an der Stad Lëtzebuerg an de Grëff kréien.

(Brouhaha)

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Dir sidd hors sujet.

**Mme Claudia Dall’Agnol** (LSAP).- An dann zur...

(Brouhaha)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Ee Moment, ee Moment. E bësse Rou, wann ech gelift!

Madamm Dall’Agnol, erlaabt Der, dass den Här Kartheiser lech eng Fro stellt? Oder zum Schluss?

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (LSAP).- Nee. Den Här Kartheiser huet herno Riedezäit genuch. Ech fueren elo a mengen lwwerleeeunge weider,...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Nee? Okay. E kann lech eng Fro stellen, mä nodeem Der fäerdeg sidd.

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (LSAP).- ...well ech hunn net esou vill Riedezäit.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Da waart en e bëssen.

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (LSAP).- D’CSV seet och - ech kommen zur Proximitéit -, dass mer d’Proximitéit géifen ofschafen. Ech mengen, mir hunn elo laang a breet heiriwwer diskutéiert, de Minister ass och schonn drop agaangen, si huet dofir och nach eng kéier en

Amendement proposéiert, fir dat am Gesetz ze erhalen. An dobäi steet direkt am Artikel 2 vum neie Gesetz, dee gouf och zitéiert: «La Police est proche de la population (...)».

Ech weess jo, dass hei an deem Haus ganz vill Wäert op Lëtzebuergesch geluecht gëtt, dofir iwwersetzen ech dat dann: „proche de la population“, dat heescht „no beim Bierger“, also Proximitéit, an zwar fir déi ganz Police. Dat ass e Schrëtt no vir an net een no hannen, well virdu waren esou gesinn eigentlech just déi Poliziste vun de Commissariats de proximité dofir zoustänneg an all déi aner Polizisten net.

An Zukunft ass virgesinn, dass d’Missioun vun all Polizist a Polizistin déi ass, no bei de Leit ze sinn, an zwar an der Praxis an net just an der Theorie.

Ech mengen, ech hunn dat virdu schonn erkläert: Mä nëmmen dofir maache mer eigentlech iwwerhaapt eng Territorialreform, fir dass d’Polizisten erëm op den Terrain kommen, do wou d’Bierger sinn, a fir dass de Policebüro och op ass, wann de Bierger wëllt dohinnergoen.

An da kommen ech nach zu der Police-judiciaire-Antenn an der Stad. An darselwechter Logik vun anscheinend feelender Proximitéit freet d’CSV dann nach, dass et nach en zousätzleche Service décentralisé vun der Police judiciaire an der Stad soll ginn. An dat, obwuel sech an der Stad jo grad d’Zentral vun där Police judiciaire befanne soll. Mä mir hu laang iwwert de Personalmangel geschwat, deen et an der ganzer Police gëtt. An dofir muss d’Police déi Ressourcen, déi se huet, och méi effikass kënne asetzen. An da solle mer net erëm higoen an double Emploi maachen an erëm eng kéier en onnéidegen, zousätzleche Poste schafe fir en dezentraliséierte Service vun der PJ op darselwechter Plaz, wou och d’Zentral vun där PJ ass. Fir eis ass dat...

(Interruption)

...kontraproduktiv. Dofir hu mer deen Amendement och net matgedroen. Mir mussen déi Ressourcen, déi mer hunn, kënne gutt asetzen, esou gutt, wéi et geet.

Här President, ech hu virdu als Rapportrice d’Virdeeler vun dësem Gesetzestext och presentéiert. Pardon, et ass d’Madamm Presidentin.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Et ass kee Problem.

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (LSAP).- Ech hunn och nach eng kéier elo hei kloergemaach, firwat mir als Sozialisten net hannert de Virschléi, den Amendementen vun der CSV stinn.

Ech wëll mech dofir och elo net allze laang widerhuelen, mä just nach eemol betounen, dass dësen Text der Police et erlaabt, méi effikass ze schaffen an och erëm méi präsent um Terrain ze sinn, duerch eben déi Territorialreform an och duerch déi intern Reformen, duerch méi Moyene fir d’Police administrative an och eng besser Zesummenaarbecht mat der Justiz an der Police judiciaire.

An duerch dës Reform ginn d’Carriären an der Police och zum Deel opgewäert an un d’Fonction publique ugepasst, dat gouf virdu scho gesot. An dat wäert och d’Attraktivitéit vun deem Beruff duerchaus steigern.

Et ass laang an et ass vill un dësem Gesetzestext geschafft ginn. An den Text, dee representéiert e Kompromëss aus ville verschiddene Points de vue an och aus verschiddene berechtigte Fuerderungen, sief dat vun de verschiddene Berufssparten an der Police, hirer Gewerkschaft, der Policedirektioun, der Justiz an natierlech och eis, der Politik. E Kompromëss, an dat wësst Der alleguerten, dee bréngt et logescherweis mat sech, dass net jiddweree zu 100% ka Satisfaktioun kréien. Mä et ass awer wichtig, dass ënnert dem Stréch d’Police an domat d’Sécherheet hei am Land herno besser opgestallt si wéi virdu. An dat wäert hei definitiv de Fall sinn, wa mer dat Gesetz herno hei stëmmen.

Mä d’Reform wäert domat stoen a falen, dass d’Police genuch Moyenen zur Verfügung huet, fir se ëmzesetzen, sief dat, nach eng kéier, genuch Personal, genuch Material, genuch Moyenen a virun allem och déi richteg Moyenen. Dës Reform ass weder den Ufank a scho guer net den Endpunkt vun engem Reformprozess, deen dës Regierung lancéiert huet. Dofir ass et eis als Sozialisten och immens wichtig, d’Ëmsetzung vun där Reform och an deenen nächste Méint an och Jore konsequent ze begleeden an och virunzebréngen. Zum Beispill doduerch, dass d’Astellungspolitik, déi ënner eise Minister ugefaange gouf, och weidergefouert wäert ginn, fir dass mer ni méi zu esou engem Enkpass kommen, wéi mer en elo virfonnt hunn.

Nei Poliziste mussen och verstärkt an deenen Unitéiten a Plazen agesat ginn, wou elo déi

gréissten Nout um Mann an un der Fra ass. An dobäi muss virun allem och drop opgepasst ginn, dass déi Jonk net a verschiddenen Unitéiten elenggelooss ginn. Wa se keen erfuerene Beamten dobäi hunn, fir se unzeléieren, dann, dat wësst Der alleguerten, geet dat schif.

En aneren, immens wichtege Volet hei sinn och d’Formatiounen, déi fir d’Aarbecht vun alle Polizisten eng extrem wichtig Basis duerstellen, sief dat um Terrain, wou d’Polizistinnen an d’Polizisten et net ëmmer einfach hunn, ganz am Géigendeel, vu dass d’Policeaarbecht leider, an dat wësse mer zënter deene rezente Virfäll, ëmmer méi geféierlech gëtt, sief dat och an enger PJ, wou méi spezifesch Formatioune gebraucht ginn, fir eng gutt Enquêteursaarbecht garantéieren ze kënne.

Ech weess, dass de Règlement grand-ducal iwwert d’Formatiounen deemnächst soll verëffentlecht ginn. An ech mengen, de Minister wäert herno vläicht e puer méi präzis Informatiounen dozou kënne ginn.

D’Aféiere vun der Fouille corporelle, déi an engem separaten Text vum Justizminister behandelt gëtt, oder d’Erweiterung vun de Kompetenze fir d’Pecherten ënnert der Fiederféierung vun Innenminister, fir d’Police dann och nach weider kënne ze entlaaschten, sinn zwee immens wichtig Gesetzestexter, déi mer schnellstméiglech brauchen.

Dir gesitt, dass d’Aarbecht eis als Politik, mä och der Police an hirer Direktioun, an deenen nächste Méint an an deenen nächste Joren net wäert ausgoen.

Mä haut kënne a solle mer och stolz drop sinn, dass mer dës ganz wichtig Etapp zesumme gepackt hunn. An ech wëll dofir dann och am Numm vun de Sozialisten nach eng kéier dem zoustännege Minister, senge Mataarbechter an natierlech och der ganzer Police, de Beamtinnen a Beamten um Terrain e grouse Merci soen, och fir hir Mataarbecht bei dëser Reform. Si hunn, dat gouf vu mengem Virriedner och scho betount, eng wichtig Aarbecht, si hunn eng schwéier Aarbecht, déi se all Dag am Déngscht vun eis, vun der Politik, fir de Bierger an d’Biergerin dobausse maachen. An dofir en oprichtige Merci!

An domat ginn ech awer elo wierklech den Accord vun de Sozialisten zu dësem Projet de loi.

An ech soen lech awer Merci, nach eng kéier, dass Der mer fir d’Zweet och nach eng kéier nogelauschtert hutt. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci der Madamm Dall’Agnol. An als nächste Riedner hunn ech den Här Max Hahn ageschriwwen. Här Hahn, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Max Hahn** (DP).- Merci, Madamm Presidentin. D’Police ass am Déngscht vum Bierger, ëmmer disponibel, e Corps, dee Verantwortung iwwerhëlt an deen op déi nei gesellschaftlech Phenomeener reagéiert. Fir dass d’Police och no deene Prinzipie fonctionnéiere kann, muss si déi néideg Moyenen zur Verfügung gestallt kréien. Elo, wou déi nei visuell Identitéit, den neie Look vun der Police déi Aspekter no baussen hi vermëttelt, ass et un der Zäit, der Police de gesetzleche Kader heifir ze ginn.

D’Rapportrice vun dësem Gesetzesprojet huet d’Ausrichtung vun der Reform an d’Hannergrënn, op deene se berout, op de Punkt bruecht. Et ass keen einfachen Exercice, eng ausschlaggebend Reform, op déi elo schonn esou laang gewaart gëtt an déi eng ganz Rei technesch Detailer behandelt, kloer a verständlech an ouni simplistesche ze sinn eriwuerzebréngen. Am Numm vun der Demokratescher Partei soen ech hir Merci fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport.

Madamm Presidentin, wéi eng Roll d’Police als Institutioun an eise Land anhëlt, weist sech an hirer deeglecher Aarbecht, am Émgang vun de Beamte mat de Bierger, an hirer Fäegkeet, aus hiren Handlungen ze léieren, an der Kontroll, déi se selwer op sech ausüübt. Et weist sech doran, wéi se mat hirer Muecht an hire Befugnisse ëmgeet, awer och wéi innerhalb vum Corps mateneen ëmgaange gëtt. D’Relatioun mam Bierger seet vill iwwert d’Police aus. An zwar: Wéi huelen d’Bierger d’Polizistinnen an d’Poliziste wouer, wat erwaarden d’Bierger vun der Police a wéi gi se mat de Beamten ëm?

D’Police muss hir Aarbecht an de beschtméigleche Konditiounen ausübe kënne. Hir Aarbecht ass „präventiv, proaktiv, dissuasiv a repressiv“. Si muss ëmmer asazbereet sinn, an dat flächendeckend. Si muss gutt forméiert an equipéiert sinn. D’Police muss permanent e Sécherheetsgefill vermëttelen, däréi dobäi awer op kee Fall de Bierger a senge Fräiheeten aschränken.

An hirem Beruff gëtt vill vun hinnen ofver-





laangt a si schaffen ënner enormem Drock. Asätz, déi uganks harmlos wirken, kënnen schnell kippen. Derbäi kënn, dass d'Gewaltbereitschaft an der Gesellschaft méi grouss gëtt an d'Beamte gi selwer och zum Zil vun Iwwergrëff.

Dëst Gesetz stellt fir d'Police an domat fir de Bierger eng kloer Verbesserung duer, sief et duerch d'Reorganisatioun vun der Generaldirektioun, d'Reorganisatioun vun der Police judiciaire, d'Moyene vun der Police administrative oder och nach déi nei territorial Organisationsioun. An dat wäert virun allem dem Bierger zeguttkommen. Eleng duerch d'Zesummeleeë respektiv duerch d'Fusioun vun de Kommissariater wäert d'Policepräsenz an d'Disponibilitéit an domat hir Proximitéit zum Bierger wesentlech verbessert ginn.

Duerch déi erweidert Öffnungszäite wäert d'Police fir den eenzelne Bierger méi accessibel sinn. 13 Kommissariater si 24 op 24 Stonnen an dat siwen Deeg op siwen op, déi aner vu moies 7.00 bis owes 21.00 Auer. Derbäi kënn, dass de Bierger och d'Méiglechkeet huet, e Rendez-vous um Kommissariat ze huelen, an an noer Zukunft wäert och en E-Kommissariat e weidert Mëttel sinn, fir sech un d'Police ze wenden. Wou „Police“ dropsteet, wäert deemno och wirklech Police dra sinn.

Madamm Presidentin, eng ganz Rei Mesurë wéi d'Saisie administrative oder de Sécherheitsperimeter wäerten d'Aarbecht vun der Police administrative um Terrain effikass ënnerstëtzen. Hei gouf sech un der franséischer an der belscher Legislatioun inspiréiert. Selbstverständlech war et wichteg, en Equilibre ze fannen tëschent der Méiglechkeet fir d'Police, den Ordre public ze garantéieren an de Bierger déi individuell Fräiheeten ze garantéieren. Dofir gouf fir all déi administrativ Handlungen d'Autorité compétente festgehalen. Dat ass de Minister a fir verschidde Fäll de Buergermeeschter.

Madamm Presidentin, säit der Fusioun vun der Police an der Gendarmerie am Joer 1999 liewe mir an engem anere Kontext. Eis Gesellschaft ass 2018 eng aner wéi deemools. Déi sozial Realitéit, déi demografesch an déi wirtschaftlech hu sech geännert an domadder och d'Erausforderunge fir d'Police. Erlaabt mer, op e puer dovun anzegoen!

Et ass kee Geheimnis: Bei der Police feelt et u Leit. Een Zil vun der Reform ass jo, d'Zuel vun de Beamten eropzesetzen. Dës Regierung huet awer net op dës Ofstëmmung gewaart, mä ass de Problem direkt ugaangen. D'Casernement während der Formation ass dunn direkt vun zwee op ee Joer erofgesat ginn. 2015 si fir d'Formationen um Verluerekascht gläich 105 Kandidaten zougelooss ginn, wat eng Steigerung vu 75% am Verglach mat de Jore virdu war.

D'Casernement no der Instruction tactique de base awer ganz ofzeschaffen, huet net nëmme Virdeeler: Wuel wëssend, dass déi Entscheidung mam neie Statut vun de Schüler ze dinn huet, ass et awer genee während dëser Zäit, wou sech den Esprit de corps bilt. Während deene Méint léieren d'Schüler zesummenzehalen, an dat och ausserhalb vun de Coursen. Dat Zesummenhalen ass duerno am Beruff um Terrain wichteg, a jo, a verschidde Fäll souguer liewenswichteg. Deen Zesummenhalt ass ee Grondstee vun der Policeaarbecht.

No zwee Joer Formation ass dann och eng speziell Vereedegung virgesinn an d'Schüler hunn da Befugnissen vun engem Agent de police judiciaire respektiv vun engem Agent de police administrative. Mat där Mesure kënnen d'Policeschüler um Terrain e groussen Deel vun der Aarbecht offiziell iwwerhuelen.

E Stat, dee seng Bierger och an Zukunft schütze wëllt, muss sech am Klore sinn, dass déi Sécherheet och en Zil an der Digitaliséierung muss sinn, Stéchwuert Cybersécherheet. Do sinn digital Ermittlungsmethoden an zäitgeméiss Instrumenter gefrot. D'Police brauch och Spezialisten an aneren héich techneschen Domänen, wéi zum Beispill an de Finanzen an an der Wirtschaft. Gesellschaftlech, wirtschaftlech an technesch Entwécklungen um nationalen an internationalen Niveau verlaange vun der Policeaarbecht eng stänneg a flexibel Upassung. Mä och an hirer interner Organisationsioun ass d'Police gefuerdert, sech stänneg unzepassen. Intern brauch d'Police Féierungskräfte fir eng modern Personalféierung.

Weinst all dës Grënn muss d'Police diversifizéiert Profiller kënnen unzeien an alle Carriären a besonnesch och am Cadre supérieur. Wéi och an anere Verwaltung vum Stat gëtt op en effikass Management Wäert geluecht. Deen Typ Aarbecht ass hautdesdaags mat ganz spezifesch Studiegäng verbonden. Berufserfahrung an deem Domän kann och nëmmen eng Plusvalue sinn. An deem Sënn kann ee sech d'Fro stellen, ob een, fir esou Profiller an der Police ze kréien, déi obligatoresch Formation an der Offiziéeschoul net sollt iwwerdenken. Be-

sonnesch Leit mat Berufserfahrung kann esou eng Formation ofschrecken.

Eng aner Pist bleift natierlech d'Astelle vun Zivilpersonal. Selbstverständlech bleift et extrem wichteg, dass och de Cadre supérieur de Beruff um Terrain kenneléiert.

Madamm Presidentin, d'Reform féiert och zwee nei Groupe-de-traitements an - de B1 an den A2 - an de Groupe de traitement D gëtt ofgeschafft. Well de Personalmangel net zum Sécherheitsproblem dierf ginn, gesäit ausserdeem en Artikel vir, dass d'Unzuel vun zousätzlechen Posten am B1 pro Joer ëm 20 Stéck kann eropgesat ginn. De Beamten aus dem B1 wäert kënnen méi fréi de Statut vum Officier de police judiciaire kréien. E gudden Officier de police judiciaire ass op enger Dénchschtell, wou et richtig virugeht, vu grousser Wichtigkeet. Et ass och d'Erfahrung, déi e gudden Officier de police judiciaire ausmécht.

Madamm Presidentin, fir d'Police um Terrain ze entlaaschten, sollen d'Agents municipaux deemnächst eng ganz Rei nei Kompetenzen kréien. Mir kréien et ëmmer nees vun de Gemengeresponsabele vun de gréissere Gemengen, a jo, besonnesch och vun der Stad Lëtzebuerg, gesot: „D'Police ass ze iwwerlaascht, fir kënnen bei klengere Verstéiss géint d'Policereglement ze intervenéieren“, zum Beispill beim Méien, beim Dreck um Trottoir, Hondsdreck an esou virun.

Mam neie Kader fir d'Agents municipaux geet et net drëms, dass d'Police Kompetenzen opgëtt, vill méi gëtt d'Police ënnerstëtzt. D'Police wäert um Terrain entlaascht ginn. Et ass sécherlech sénnvoll, no e puer Joer Praxis hei e Bilan ze maachen an iwwer Upassungen an eventuell Erweiderungen ze diskutéieren.

Madamm Presidentin, zum Effectif wéilt ech nach eng lescht Iwwerleeung am Numm vun der Demokratescher Partei virbréngen, an zwar déi vum Gefaangenentransport, dee weiderhin d'Kompetenz vun der Police bleift. Och an den Diskussiounen ëm d'Reform vun der Prisongsverwaltung ginn d'Argumenter duergeluecht, firwat et zu deem Entschloss komm ass. Trotzdeem: D'Faart an de Prisong, dann op d'Gericht an dann d'Waarde während de Sëtzungen, dat benéidegt Polizisten, déi eis um Terrain feelen.

D'Kompetenze vum Justizvollzugsbeamte bei eisen däitschen Noperen, dat ass an eisen Aen e Statut fir d'Giischercher, iwwert dee weider nogeduecht muss ginn. Sinn et dann net grad d'Giischercher, déi d'Prisonnéier betreiben an d'Prisonnéier am beschte kennen? Kéint ee sech net vorstellen, dass d'Giischercher duerch eng weider Formation a mat erweiderte Kompetenzen d'Prisonnéier och ausserhalb vun de Prisongsmauern kéinte begleeten?

Madamm Presidentin, mir wëllen a mussen nees méi Beamten op den Terrain kréien. Fir dat ze erreechen, leet d'Reform grouss Wäert op eng effikass Organisationsioun vun der Policeaarbecht. Déi soll ënner anerem duerch eng Optimiséierung vun den informatesche Moyenen erreecht ginn.

Erlaabt mer, an deem Kontext eppes zur Simplification administrative an dem Gebrauch vun der Informatik ze soen. Dat waren och Punkten am Résumé vum Audit. Fir Iech heibannen emol e Bild ze verschafen, wéi dat um Terrain konkret ausgesäit, hunn ech mer erkläre gelooss, wat alles un administrative Schrëtter, also Bürosaarbecht, ufält bei enger relativ geleefeger Handlung vun der Police, nämmlech dem Ofschleefe vun engem Auto.

Eleng d'Unzuel un Akteuren, déi bei esou enger Affär gefuerdert sinn, ass impressionnant. Dat geet vum Operateur um 113, meeschtens en Zivilist, iwwert de Polizist am Centre d'intervention aus där zoustänneger Region, der Patrull vun der zoustänneger Dénchschtell bis bei d'Beamte vun der Police de la route, déi fir d'Fourrière zoustänneg sinn.

Wann d'Aarbecht um Terrain dann emol ofgeschloss ass an den Agent traitant zréck op d'Dénchschtell fiert, fänkt eng informatesch Herkulesaarbecht un. Do kompletéiert hien den „journal des incidents“ mat deenen op der Plaz gesammelten Informatiounen. Da mécht de Beamten de Brouillon an der „information policière“ op, der IP, an dréit dann an engem Interface, deen Windows-3.11-würdeg ass, déiselwecht Informatiounen an, déi scho virun an de JDI agedroe goufen. D'Informatiounen mussen nach eemol eenzel an d'IP agedroe ginn, well keng technesch Méiglechkeet besteet, se ze kopéieren.

Näischt ass vun engem Programm an deem anere Programm iwwerdrobar. Da muss de Polizist sech duerch de Menü, de Submenü, de Subsubmenü regelrecht kämpfen a sech duerch en Urwald vu Feelermeldungen klicken, fir eng vun den einfachsten Interventiounen um Terrain erfollegräich ofzeschleissen.

Domadder awer net genuch: Gouf d'Geldbouss

boer bezuelt, muss déi Transaktioun zesumme mat all den Donnéeën nach eng Kéier separat an engem MS-DOS-Programm agedroe ginn. Och hei ass et net emol usazweis méiglech, eng Copy-paste-Fonction unzewenden. Déi, déi sech an den 80er Joren net mat der Informatik ofginn hunn, wëssen emol, mengen ech, net méi, wat MS-DOS ass.

An dëser Software kann een emol net de Cursor vun der Maus vum Computer benotzen. Domadder, Madamm Presidentin, hätte mir eis Zäitrees duerch d'Informatik vun der Police dann ofgeschloss a wären am Joer 1985 ukomm. Vereenzelt Poliziste schätzen, dass duerch déi informatesch Ergonomie pro Dag zwou bis dräi Stonnen op de Kapp kéinte gespuert ginn. Ech erspueren Iech dann elo déi Geschichten, déi mir zougedroe goufen, wat d'Kontabiliséiere vun Nuets- an Iwwerstonnen op verschiddenen Dénchschtstellen ubelaangt.

Madamm Presidentin, d'Lëtzebuurger Police wäert no dëser Reform hir Aarbecht a bessere Konditiounen ausüben kënnen. An och op deen eenzelne Beamte wirkt sech d'Reform positiv aus. Et ginn hinnen nei Perspektive gebueden an de Beruff gëtt insgesamt méi interessant gemaach. Dat fänkt beim Policeschüler un, deen elo wéi am Rescht vun der Fonction publique de Statut vum Fonctionnaire-stagiaire wäert hunn, woumadder och säi Basisgehalt eropgeet.

Positiv fir d'Perspektive vum Beruff ass et och, dass e Polizist sech fir e Poste mat méi Responsabilitéite ka mellen an dofir net eleng seng Anciennetéit eng Roll spillt, mä och säin Asaz. Am Kontext vun de Postes à responsabilité ass et dann och gutt, dass an den Dispositions transitoires de Contingent vun de Postes à responsabilité vu 15% op 20% - wéi an anere Verwaltungen iwwregens - gehuewe ginn ass.

Op d'Formation ass awer och grouss Wäert geluecht ginn. Esou zum Beispill kënnen säit Kuerzem d'Beamte sech wéi och am Rescht vun der Fonction publique déi Formationen eraussichen, déi hinnen am meeschten zousoen an hinnen och am meeschte bréngen. De Changement de carrière ass och en Aspekt, dee fir d'Motivatioun wichteg ass. Dee muss ëmmer méiglech bleiwen an intern Barriären duerfen dofir net entstoen.

Fir déi heite Regierung war et wichteg, fir Polizisten, déi risquéieren ugesicht ze ginn, well se am Numm vum Stat Gewalt ausgeübt hunn, net am Ree stoen ze loossen. Deemno soll bei der Reform vum Waffengesetz e Régime de responsabilité civile dérogatoire virgesi ginn. Et steet also ausser Fro: D'Reform mécht de Beruff vum Polizist méi attraktiv.

Madamm Presidentin, et si Primme vun 20 Punkte fir verschidde Poste virgesinn: fir den Officier an den Agent vun der Police judiciaire, fir d'Membere vun der Unité spéciale a fir déi Polizisten, déi fir de Service de protection vun der Regierung detachéiert sinn. Och d'Hondsmeeschtere kréie fënnf Punkte méi.

Wou awer och Bedarf besteet, ass a puncto Valorisation vun der Aarbecht, déi ausserhalb vun de Bürosstonne prestéiert gëtt. Mir wëssen, dass d'Nuetsschichteschaffen en negativen Impakt op d'Gesondheet huet. Vläch misst een en anere Kompensationsmodell fanne wéi zum Beispill d'Individualiséierung vun de geleeschtenen Stonnen.

Am Moment ass et esou, dass e Polizist iwwert d'Joer gesi 440 Stonne muss prestéieren, fir iwwert dat ze kommen, wat d'Prime d'astreinte scho bezilt. Wann e Polizist zum Beispill 440 Nuetsstonnen a sechs Méint schafft an dann aus Krankheetsgrënn, weinst engem Congé parental oder well en an der Police d'Plaz gewieselt huet de Rescht vum Joer keng Astreinte méi schafft, da gëtt et fir Nuets-, Weekends- a Feierdeegstonne keen Euro weider. D'Stonne ginn nämmlech iwwert dat ganz Joer kontabiliséiert an net pro Mount.

Madamm Presidentin, d'Gewaltbereitschaft vis-à-vis vu Polizisten, mä och generell am Retungsdénchscht hält zou. Et vergeet kee Weekend, wou net an der Press ze liesen oder ze héieren ass, dass e Polizist physisch oder verbal ugegraff gouf. Leit, déi Leit an Nout wëllen hëllef a fir Uerdnung musse suergen, musse mat deem néidege Respekt behandelt ginn. Well dës Respekt awer oft feelt, ass d'Politik gefuerdert, méiglechst zousätzlech Strofen an deem Kontext an d'An ze faassen.

Madamm Presidentin, d'Akraafttriede bréngt net nëmmen der Police als Corps nees Rou, mä deenen eenzelne Policememberen an de verschiddensten Unitéiten eng relativ Planungssécherheet, wat hir beruflech Zukunft ubelaangt.

Dës Reform war a villen Aspekter säit Joren iwwerfällg. Et gouf scho laang virun dëser Regierung doriwwer diskutéiert. Och wann d'Erausforderungen um Terrain eis keen anere Choix loossen, wéi de Fonctionnement an d'Opstellung vun der Police unzepassen,

brauch esou eng Reform awer och de politesche Wëllen. Eng Institution wéi d'Police ze reforméieren, ass keng einfach Saach a geschitt net iwwer Nuecht. De grouss Kader ass elo gesat an dat heite Gesetz erlaabt et der Police, sech nei opzustellen. Elo ass et un der Police-direktioun, sech intern ze strukturéieren an d'Polizisten ze motivéieren.

Madamm Presidentin, mir dierfen eis näischt virmaachen: D'Aarbecht vun der Police wäert mat de Jore bestëmmt net méi einfach ginn. D'Aarbecht vun der Politik wäert et da sinn, an zwee bis dräi Joer en éischte Bilan ze maachen, all d'Säiten ze héieren an ze kucken, wou eventuell Upassung mussen ënnerholl ginn.

Dëst gesot, soen ech Iech Merci fir d'No-lauschteren, gi mat grousser Satisfaktioun den Accord vun der Demokratescher Partei a soen, d'selwecht wéi meng Virriedner dat gemaach hunn, de Leit um Terrain, de Polizisten, de Leit aus der Verwaltung, dem Ministère plus de Kommissionsmemberen e ganz grouss Merci fir hiren Asaz.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Hahn. Als nächste Riedner ass den Här Henri Kox ageschriwwen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Merci, Madamm Presidentin. Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Mëtteg stëmme mer also en neit Policegesetz.

En neit Policegesetz, wat sech den héijen Ufuerderunge vun haut stelle muss an hinnen och gerecht muss ginn, sief et am direkte Kontakt mat de Biergerinnen a Bierger an dem Anhale vum Ordre public, dem sougenannten Dräiklang: Tranquillité, Sécurité a Salubrité, fir de kriminelle Gauner an d'Spur ze kommen an net zu Lescht der internationaler Kriminalitéit an dem Terrorismus d'Stir ze bidden.

En neit Policegesetz, wat de Gréngen no duerch nei, iwwersichtlech Strukturen a besser Moyenen dës Ufuerderunge wäert gerecht ginn.

Ufänke wëll ech awer fir d'Éischt mat engem Merci un d'Rapportrice, d'Madamm Claudia Dall'Agnol, fir hiren ausféierleche Rapport, souwuel dee schrëftlechen, awer och fir dee mündleche Rapport virduen. Hir detailléiert Ausféierunge mat villen Zuelen an awer och konkrete Beispiller vum Terrain erlaube mir et, net méi op alles mussen anzegoen a just déi Punkten erauszehuelen, déi mir als Gréng nach eng Kéier besonnesch ernimmt wollten hunn.

Mir stëmmen haut dëst Gesetz mat, net, well et esou am Koalitionsvertrag virgesi war, mä well mer der Iwwerzeugung sinn, dass dëst Gesetz effektiv eng ganz Rei vu Verbesserunge mat sech bréngt, ouni awer de Respekt - an dat wëll ech awer ënnersträichen - vun de fundamentale Rechter vun eise Biergerinnen a Bierger aus den Aen ze verléieren.

Dass eng Reform vum Policegesetz néideg war an och ass, gouf och schonns vu menge Virriedner erwänt. No der grousser Policereform vun 1999 mat der Zesummeleeung vun der Gendarmerie grand-ducale an der Police war eng Iwwerschaffung méi wéi ubruecht. D'Policegesetz vun 1999 war an ass den Ufuerderunge vun 21. Jorhonnert net méi gewuess an dofir war déi Iwwerschaffung méi wéi néideg.

Et huet awer och zu engem gewëssene Reformstau gefouert, well schonn am Koalitionsvertrag vun 2009 stoung an der Regierungserklärung: „Mir wëllen dës Reform duerchféieren.“ Ech wëll dës Koalitioun, awer och der Majoritéit hei Merci soen, dass konsequent iwwert déi lescht fënnf Joer hei an der Chamber un deem neie Gesetz geschafft ginn ass an d'Viraussetzung geschafte ginn ass, fir dass mer haut dëst Gesetz hei kënnen stëmmen.

Esou wéi am Regierungsprogramm och ugekënnegt, gouf am Virfeld vun dëser Gesetz-iwwerschaffung en Audit duergedouert. En Audit, dee mat engem Bilan opgehalen huet an deem a verschiddenen Aarbechtsgruppen och behandelt gouf, ënner Abezéiung vun der Police an natierlech mat engem Débat de consultation, deen hei am Joer 2016 an der Chamber ofgehele gouf, wat schlussendlech dann zu der Gesetzespropos 7045 gefouert huet.

Sécherlech wäert dëst Gesetz seng Stärken, awer och seng Schwächen weiderhin hunn. An d'Zukunft wäert och weisen, wou da vläch nogebessert muss ginn. Wichteg schéngt et mir awer, dass eng breet Abezéiung bei dem Ausarbechten an awer während dem ganze legislative Prozess bestanen huet, fir e





méiglechst gudden an ausgewogene Gesetzes-text ze kréien.

Eng Refonte vun där Envergure, besonnesch och dann, wa vill Personal mat am Spill ass, ass ëmmer eng Gratwanderung a verlaangt och e gewëssent Fangerspëtzegefill, dat de Minister hei, mengen ech, gewisen huet. Dass et sech do och ëm Kompromisser handelt, versteet sech da vum selwen. Et kann een eben dann net jiddwerengem gerecht ginn, mä déi generell Ausriichtung muss zu enger Verbesserung um Terrain dobausse bei de Beamten am Allgemengen, awer virun allem bei der Aarbecht dobausse bei de Biergerinnen a Bierger féieren.

déi gréng sinn dofir der Iwwerzeegung, dass dës Policegesetz déi richteg Äntwert op d'Erausfuhrung vun haut gëtt an och déi néideg Verbesserunge mat sech bréngt. Wichteg ass et awer, dass mat der néideger Energie dës Reform elo a Musek ëmgesat gëtt. A wa sollte Schwaachpunkten optrieden, wéi mäi Virriedner och hei scho gesot huet, soll een dann awer net nach eng Kéier 19 Joer waarden, fir eng Reform kënne duerchzeféieren, a méiglechst schnell dann dat aus der Welt schaffen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären..., oder „Här“ President elo direkt.

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Déi zwee.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Här President an nach Presidentin, ech ginn dann op déi Haaptelementer vun där Reform nach eng Kéier kuerz an, déi mir als Gréng nach eng Kéier wollten ervirsträchen.

Éischtens - bon, ech orientéiere mech do e bëssen un der Rapportrice hirem schrëftleche Rapport, deen, wéi virdru gesot, ganz exzellent ass, an ech huelen och deen éischte Punkt do - ass dat näamlech d'Reorganisatioun vun der Generaldirektioun. Ech denken, d'Reorganisatioun war iwwerfällg an och néideg. Eng modern Verwaltung vun haut muss kënne duerch kloer an onmëssverständlech Organigrammen organiséiert sinn. Mir ënnerstëtzen ausdrëcklech dës Reorganisatioun, well se de Besoinen op ville Punkten ebe gerecht gëtt. Eng propper an iwwersichtlech Struktur kann nëmme vu Virdeel si fir eng attraktiv Verwaltung a muss och eng Viraussetzung dofir sinn.

Dës Reorganisatioun vun der Direktioun ass awer kee Selbstzweck, mä muss zu enger effikasser Struktur an der ganzer Verwaltung bäidroen, ouni zu engem „déi do uewen“ an „déi do ënnen“ ze féieren. Et ass ee Corps, et ass eng Police an d'Strukture mussen dofir kloer novollzéier sinn. An ech mengen, d'Viraussetzung vun dësem Gesetz ass ginn.

Zweete Punkt: déi territorial Reorganisatioun. Déi territorial Reorganisatioun ass vläicht déi Annerung, déi am meeschte vun eisen Awunner wouergeholl gëtt an déi och am meeschte vläicht contestéiert ass. Net averstane sinn ech mat der CSV, dass hei eng Verschlechterung vum Service an der Proximitéit soll geschéien. Duerch d'Zesummeleung vun de Centres d'intervention an de Commissariats de proximité, de sougenannten Clen an den CPen, an déi regional Zesummeleung vun de Commissariats zu engem Commissariat de police sollen déi néideg Ressourcë fräi ginn, fir déi néideg Präsenz um Terrain ze garantéieren.

An ech hat d'Chance eben als Buergermeeschter vu Réimech, iwwer aacht Joer ganz enk mat engem Commissariat zesummenzeschaffen, do wou souwuel den CI an den CP doheem waren, iwwerengs eng ganz gutt Zesummenaarbecht iwwert déi Joren!

Eppes hunn ech jiddefalls ni verstanen: firwat am Gesetz vun 1999 déi Struktur, déi Trennung deemools esou agefouert ginn ass. Sécherlech huet et vill mat de Cheffen deemools och ze dinn, wéi eng Zesummenaarbecht um Terrain ass. Mä et kann net nëmme vun de Persounen ofhängeg sinn, mä ganz kloer, wann d'Struktur dat net hiergëtt, ass et och ganz schwéier, dann um Terrain déi néideg Zesummenaarbecht kënne ze maachen. A wa leider dann eng mënschlech Komponent dëschentkënn, ass et net dénglech, wat d'Zesummespill ubelaangt, an da kann et net sinn, dass de Ball da vun deem engen deem aneren zougeschoutert gëtt.

Dofir mengen ech, dass dës Reform méi wéi iwwerfällg war an dass dës Zesummeleung vun deenen zwee - CI an CP - zu engem Commissariat de police iwwerfällg war. An dofir kënne mer dat och nëmme mat zwou Hänn ënnerschreien an dat wäert och déi néideg Ressourcëfräiheeten dann zur Verfügung

stellen, fir déi Proximitéitsaarbecht och kënne ëmzesetzen.

Déi geografesch Zesummeleung ass natierlech e bësse méi komplizéiert. Et ass ëmmer schwéier, de Leit um Terrain dobaussen ze soen, insbesondere de Biergerinnen a Bierger, wann eppes soll zougemaach ginn, ouni dat am Detail genau wëllen ze erklären. Et gëtt gesot, dass effektiv duerch dës Zesummeleung, CPen an Cle mat de regionalen zesummen, 80% méi Präsenz ka garantéiert ginn, déi eben de Biergerinnen a Bierger kann zur Verfügung gestallt ginn.

Ech mengen, och wann nëmme 50% an der Realitéit herno um Terrain eraussprangen, da sinn ech sécher, dass d'Proximitéit wäert gestärkt ginn. Ech kann dofir och net déi Schwaarzmlerei vun der CSV hei deelen.

Wat de Standuert ubelaangt, an do géif ech dann och nach eng Kéier... De Buergermeeschter vu Mondorf, ech kucken e kuerz un. Dass effektiv zwee CPen sollen zesummegeleucht ginn, ech stëmmen deem och zou. Et ass mer och u sech egal, wou en da schlussendlech soll sinn, zu Réimech oder zu Mondorf. Wat et net dāerf sinn, an dofir wëll ech dat awer och hei nach eng Kéier ernimmen, dat ass, dass en op der grénger Wiss soll entstoën.

Wann nei Kommissariater solle gebaut ginn, da wann ech gelift net op eng gréng Wiss, zum Beispill zwësche Réimech a Mondorf am „Triangle Vert“. Dat géif ech als falsch Plaz gesinn, well déi mussen awer fir mech an engem Zentrum, no bei engem Zentrum sinn, well et gehéiert dohin an dat ass och en Zeeche vu Proximitéit, d'Gefill, dass e Commissariat nach an der Émgéigend ass.

Wat genau d'Fallbeispill elo vu Réimech a Mondorf ubelaangt, ech hat deemools nach en Terrain ugin. Ech kann dat jo haut dem Buergermeeschter vu Mondorf matdeelen, dass e staatlechen Terrain zu Réimech zur Verfügung steet. Mä vläicht kann de Minister selwer herno nach eng Kéier op déi verschidden Zesummenaarbechten tëschent deenen eenzelne Corpsen agoen, a wéi déi Zesummenaarbecht haut schonn an der Praxis ass. An dat weess ech och erëm aus dem Beispill vu Réimech a Mondorf, dass déi Zesummenaarbecht awer exzellent funktionéiert an dass doduerch och d'Proximitéitsaarbecht vill méi no komm ass.

Den drëtten Punkt ass d'Reform selwer, de Renforcement vun der Police administrative an der Police judiciaire, woubäi ech bei der Police judiciaire vläicht gären op d'Ausféierung vun der Rapportrice zrëckverweisen, déi dat Néidegt scho gesot huet.

Jo, eng Rei Moyene ginn dobäi zur Verfügung gestallt, fir de sougenannten Dräiklang, ech hat e virdru schonn eng Kéier gesot, d'Tranquillitéit, d'Sécurité an d'Salubrité publique, kënne anzehalen.

Vill Mesurë sinn och scho genannt ginn, déi sinn hei am Gesetz opgezielt. Et ass de Contrôle vun der Identitéit, et ass den Etablissement vun engem Périmètre de sécurité, et sinn d'Fouillen, also d'Duerchsichung, d'Fermeture vun den Etablissements an esou weider, och deels mat der Aschränkung ëmmer vun de perséinleche Fräiheeten, wat natierlech ëmmer am Respekt vun dem néidege Gesetz muss geschéien.

An dat ass och hei an deem Gesetz e Kompromiss gewiescht, well d'Definition ass haut: «danger grave, concret et imminent pour la sécurité publique». Den „imminent“ schéngt mer awer och de gesonden Equilibre tëschent eben dem Anhale vum Ordre public an awer och der Anhalung oder der Sécuritéit vun der perséinlecher Fräiheet ze bewahren.

„Imminent“ schéngt vläicht an der Praxis deem engen oder aneren nach schwéier ze falen, fir et ze interpretéieren. Ech mengen awer, dass et ganz wichteg ass an engem Rechtsstat, dass mer dee gesonden Equilibre do weiderhin oprechterhalen.

An déi verschidden Avice vun der Commission consultative des droits de l'homme oder och nach vum Parquet général, mat ageschloss deem vun der Stad a vun Dikrech, weisen op dee wichtege Equilibre hin. Et ass och eng Erklärung nach eng Kéier ginn, dat steet och nach am Rapport, iwwert d'„imminence d'un danger“ an den „danger immédiat“, soudass een do awer déi néideg Erklärung fënn, fir kënne den Equilibre do ze fannen.

E puer Wuert nach zum Platzverweis, well och mir Gréng - an d'Madamm Claudia Dall'Agnol als Rapportrice..., net als Rapportrice, mä virdru als mandatär Spriecherin vun der LSAP huet et och hei scho gesot -, mir Gréng hunn dräi Argumenter, firwat mer et u sech net onbedéngt brauchen: well de Platzverweis fir eis keng Plus-value mat sech bréngt. Et gi Moossnamen, déi et kënne bewierken, et ass virdru

schon eng Kéier genannt ginn. An dësem Gesetz stinn der och derbäi.

En zweet Argument: De Platzverweis ass oft nëmme eng Symptombekämpfung an de Problem gëtt u sech verlagert, vun A no B verschoben, wat also keng onbedéngt Léisung ass.

An dat drëtt Argument, wat och an dësem Zusammenhang gëllt - an ech wëll och do nach eng Kéier op d'sozialistesche Verriederin hei verweisen -, ass, dass déi, déi cibléiert sinn, op der ënneschter Spross vun der Sozialleeder stinn an oft dann éischter stigmatiséiert ginn, wat mir op kee Fall kënne akzeptéieren. Dofir ass aus eiser Sicht éischter do eng cibléiert Sozialpolitik néideg, fir deem entgéintzewierken, an net onbedéngt e Platzverweis.

Dann denken ech, dass och d'Kameraiwwerwaachung e bëssen an déi Richtung geet. Ech mengen, den Direkter vun der Police hat an engem rezenten RTL-Interview gesot, dass et wahrscheinlech awer och bei der Kameraiwwerwaachung zu enger Verlagerung vun der Problematik kënnt. Och do stellt sech dëselwecht Problematik, dass een et anescht muss ugoen.

Dann nach zu der Moderniséierung vun de Ressources humaines, ech mengen, dat ass de Knackpunkt. Ech mengen de Knackpunkt ass, fir eng attraktiv Police duerstellen. Mir brauche vill nei Rekrutementsleit, déi sech engagéieren, fir dee schwéiere Beruff auszeféieren. Ech mengen, dass eng Rei Verbesserungen an dësem Gesetz och virgesi sinn, fir d'Carriären opzewäerten, wëssend, dass déi, déi haut elo scho bei der Police sinn an dëselwecht Ausbildung schonn haten, déi mat der Première, da vläicht en ongutt Gefill hunn, fir net direkt an dëselwecht Carrière ze kommen. Ech mengen awer, dass amgrousse Ganzen déi Opwärtung méi wéi néideg war an och richtig esou ass.

Dofir ass d'Schoul eng ganz wichteg Rekrutementsméiglechkeet. D'Schoul muss gestärkt ginn. D'Schoul muss professionell sinn. D'Schoul muss awer och déi néideg Infrastruktur kréien. A Gespécher mat der Policegewerkschaft hu mer laang iwwert d'Formation geschwat. Ech denken, dass dat en Uleies ass, dat och der Direktioun net onbekannt ass. Dofir wär et wichteg, dass mer wierklech duerch dës Gesetz de Rekrutement stäerken. A mir mussen eis vläicht op nei Weeër astellen, fir méi Leit kënne ze rekrutéieren, fir dass d'Police och dobaussen déi néideg Stärkung fënn.

Madamm Presidentin, oder Här President - en ass erëm do -, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen also zum Schluss.

déi gréng ënnerstëtzen dës Policereform, well mer fir dës Land ganz kloer Verantwortung wëllen iwwerhuelen. Mir maache keng Schwaarzmlerei, well mir si sécher, dass d'Proximitéit heimmader gewaart ass, a mir maachen och keng onberechtigt Angscht.

Dës Policereform ass wichteg fir eist Land, well se mat aneren Institutiounen de wichtege Zusammenhang vun eiser Gesellschaft garantéiert. Dofir kënne mer nëmme zu dës Policereform Jo soen a mir ginn de Jo zu der Gesetzespropos vun haut.

Merci.

► **Plusieurs voix.-** Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci och. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus fir d'Éischt emol e ganz häerzleche Merci un d'Madamm Dall'Agnol, déi eis wéi gewinnt hei dee Projet mat vill Temperament virgedroen huet. Dofir e grouse Merci!

Ech wëll soen, et wär, mengen ech, net richtig an net fair, wann ech dës Ried net géif ufänke mat engem Kompliment un de Minister Schneider, deen eng komplizéiert Reform awer haut hei presentéiert, wat net einfach war a wou mer eis och driwwer freeën, dass Verschidenes an där Reform ass, wat mir als ADR scho laang gefuerdert haten, wéi zum Beispill eng am Gesetz verankert Police administrative. Och huet de Minister an deene leschte Joren effektiv derzou bäigedroen, dass d'Effektiver vun der Polizei an d'Luucht gesat goufen. Dat sinn Efforten, déi ee muss unerkennen. Dat maache mer och.

An no deene Komplimenter, muss ech awer soen, komme soss awer elo keng méi an deenen zéng Minutten, déi eis zur Verfügung stinn, well et gëtt an dësem Gesetz ganz viles, wat ee kann a wat ee muss kritiséieren.

**(Interruption)**

Dat Éischt ass d'Attitud vun der Regierung géintwärt der Sécherheetspolitik, géintwärt de Sécherheetsorganer. A mir hunn dat schon e puermol monéiert hei an dëser Legislaturpe-

riod, dass d'Regierung ëmmer dat Gefill vermittelt - a menger Meenung no huet een dat Gefill och zu Recht -, dass dës Regierung eigentlech hire Sécherheetsorganer net traut, dass se hinnen net wëllt Kompetenze ginn. Firwat, muss si selwer wëssen.

An et äussert sech och op Pläng, déi mir net kënne akzeptéieren. Dat Éischt ass en individuelle Plang, den eenzelne Polizist. Den eenzelne Polizist huet e Recht op eng Protection du fonctionnaire, en huet e Recht drop, vu senger Regierung geschützt ze ginn an net am Ree stoe gelooss ze ginn. En huet Recht drop, bei der Rebellioun ënnerstëtzt ze ginn. En huet Recht op d'Assistance juridique a priori, vu vir-eran, quitte dass herno muss e Recours geholl ginn - alles dat gëtt et hei net. An et ass net nëmme individuell, mä och kollektiv, well mir mieren, dass eigentlech d'Hierarchie an der Police op verschiddene Punkten hei a Fro gestallt gëtt, relativéiert gëtt, wat fir e Corps aus der Force publique och keen einfache Prozess ass an och wäert zu Schwierigkeete féieren.

Wann eng Regierung kee Vertrauen an hir Police huet, an hir Sécherheetsorganer, da brauch ee sech och net ze wonneren, dass et u Kompetenz feelt, do wou se néideg wäeren, quitte dass d'Police hei méi Kompetenz kritt a verschiddene Beräicher wéi se hat, mä awer net dat, wat ee brauch an eisen Zäiten, net dat, wat der Situatioun wierklech ugemiss ass.

Als Éischt wëll ech de Contrôle d'identité vläicht als Beispill huelen, eng Selbstverständlechkeet, dass ee sech muss kënne géintwärt der Police ausweisen, wann dat néideg ass. Dat gëtt hei ënner ville Kontrollen deelweis komplizéiert erlaabt, eng Selbstverständlechkeet!

Gëschter si mer nach gewuer ginn, dass d'Police emol net deen normalen Accès, „sauf dans le cadre d'une enquête“, op de Fichier huet vun de Fangerofdréck vun den Demandeurs d'asile. Dat misst eng Selbstverständlechkeet sinn. An déi Virfäll, déi mer viru Kuerzem an Däitschland haten, déi sollten eis jo och nach eng Kéier drun erënneren, wéi wichteg esou elementar Saachen awer sinn.

De Platzverweis: Ech wëll lech soen, ganz kloer, zemools nodeem dass den Här Hahn besonnesch laang haut iwwert de Platzverweis a senger Ried geschwat huet, dass dat eppes ass, wat d'ADR voll matdréit. De Platzverweis ass net nëmme fir Hooligans, wou een et am Viraus weess. Et ass och, fir Attroupement kënne entgéintzewierken, déi net virauszegesi sinn. Et ass e wichteg Sécherheetsinstrument, wat och iwwerall ronderëm eis funktionéiert. Mir hätten et och gär zu Lëtzebuerg.

Dat Argument, dass wär fir d'Heescherten, dass muss ee relativéieren. Mir brauchen dat an eiser Argumentatioun net, well bei deenen Heescherten, déi an enger sozialer Noutlag sinn, do kënne mer sympathiséiere mat deem, wat gesot ginn ass, dass een do muss eng sozial Approche hunn. Ech mengen, dat ass mënschlech.

Mä et gëtt och déi organiséiert Heeschebanden. An dat ass eppes, wou net sozial Mëttelen dergéint hëllefen, mä do muss ee kloer soen, dass ass en Abus vum Bewegungsrecht an der Europäescher Unioun. Dat ass den Usazpunkt, deen ee muss huelen, fir géint dat Iwwel virzegoen. Do ass de Punkt. An ech mengen, mir mussen einfach och an där do Diskussioun differenzéieren. Mä mam Platzverweis huet dat an eisen Aen näischt ze dinn. Hei si mer am Beräich vun der Sécherheetspolitik an do hätte mir gär dat Instrument.

Och géife mir als ADR der Police kee Maulkuerf ginn, wéi et am Abléck ass. Eis Effentlechkeet huet e Recht drop, transparent an objektiv iwwert d'Sécherheetslag informéiert ze ginn, net ënner engem ideologesche Brëll, net mat den Non-dits, déi nëmme zu Spekulationen Ulass ginn an herno d'Analys vun der Sécherheetsituatioun am Land doduerch méi schwéier maachen, dass kee méi esou richtig weess, wat eigentlech lass ass, wouduerch d'Spekulationen iwwerhaupt eréischt opkommen.

Och sollte mer d'Kompetenze vun der Police nach eng Kéier iwwerdenken, an zwar virun allem och do, wou se mat anere Corps muss zesummeschaffen: mat der Douane bei Fouillen, bei Grenzkontrollen, a mat der Arméi deelweis, fir ze kucken, dass mer awer an engem Asaz äänlech disziplinaresch an äänlech Kompetenzdispositiounen kënne hunn.

Mir hätte gär als ADR eng effikass Police an eng Police, déi weess, dass se sech kann op hir Autoritéite verloossen. Dat ass am Abléck leider net de Fall.

E grouse Problem, dee mir och ëmmer als ADR uschwätzen, ass dee vun der Gewaltentrennung. Mir hätte gär, dass et ganz kloer ass, dass d'Police eng Verwaltung vum Pouvoir exécutif ënnert der Verantwortung vum Polizeiminister ass. Mir hunn do eng kloer





Linn. Mir wëlle keng Verwëschungen. Mir wëlle virun allem net, datt d'Autorités judiciaires do kënnen matschwätzen, wou net hir Plaz ass.

D'Autorité judiciaire, d'Justiz allgemeng, ka sech total op d'Ennerstëtzung vun der ADR verlossen do, wou si eben an hirem Rôle ass. Si ass net an hirem Rôle, wann et drëm geet, fir d'Nominatiounen an der Police judiciaire matzestëmmen! Si ass net an hirem Rôle, fir d'Inspection générale de la Police ze féieren! Si ass net an hirem Rôle, fir de SREL ze féieren! Dat ass net d'Aufgab vun der Magistratur.

An d'Magistratur ass manner kontrolléiert, manner demokratéisch kontrolléiert wéi all aner Organ vum Stat, wéi all aner Institutioon. Och dat ass e strukturellen Nodeel. An dofir insistéiere mir op eng kloer Gewaltentrennung an op d'Verantwortung vun deene respektive Ministere vun der Regierung fir dat, wat an der Police geschitt.

Mir wëllen och ganz kloer nach eng Kéier deen Aspekt vun der Carrière vun den eenzelne Polizisten hei ervirhiewen. Et gëtt an deem Gesetz Verbesserungen. An déi begrësse mer ausdrécklech. Et ass e schwéiere Beruff. Et ass e Beruff, deen ëmmer méi Qualifikatiounen verlaangt vun deene Leit, déi de Courage hunn, déi en Engagement weise fir eis Gesellschaft, fir sech an der Police ze engagéieren.

Awer dës Regierung huet net nëmme Verbesserung bruecht. Si huet hir Carrière hei, hir Legislaturperiod ugefaange mat däitleche Verschlechterungen, mat der Affär ronderëm d'Déngschtunnungen an esou villem, net nëmme bei der Police, mä wou se och erëm gewisen huet, mat wéi engem Geescht se eigentlech mat de Sécherheitsorganer wëllt ëmgoen. Et war eng traureg Geschicht, wou grouss materiell Verloschter fir vill Poliziste dermat verbonne waren.

Och den Émgang mat de Polizeigewerkschaften huet eis verwonnert, well mer eis jo virun allem vun enger LSAP geduecht hätten, datt déi méi en entspaanten Émgang ka mat Gewerkschaften hunn. Dat war net de Fall. Och den Audit war komplizéiert aus enger ganzer Rei Ursaachen; aner Virriedner si schonn drop agaangen. Alles onnéideg an dacks klenglech Iwwerleeungen: klenglech Iwwerleeungen, wann et och ëm kleng statutaresch Froe schlussendlech gaangen ass, wéi den Ufank vun der Carrière, de Casernement an d'Denominatioun vun deenen, déi an der Carrière ufänken. Dat si klenglech Problemer. Alles dat wär net néideg gewiescht.

Mir soen als ADR, datt déi, déi an der Force publique sinn, am SREL, an der Douane, an den Administrations pénitentiaires, och datt déi vill Affäre bréngen fir eist Land an doduerch och solen dignement traitéiert ginn.

Mir hunn d'Police gär, dat soen ech hei ganz kloer, mä mir hu se net esou gär, datt mer der zwou oder dräi gär hätten. Eng geet duer! An och dat ass eng Derive, déi mer am Abléck e bësse feststellen, datt d'Police, déi jo d'Fusioun mat der Gendarmerie hannernt sech huet, wou mer alleguerste soen: „Et ass gutt, datt mer ee Corps hunn“, datt et awer Tendenze gëtt, fir do ze subdiviséieren, sief et wéinst der Ambitioun vun den Autorités judiciaires, datt mer Subënnerscheeder maachen tëschent der administrativer Police, tëschent der judiciairer Police. Fir eis ass dat ee Corps, wou och e gerechten Iwwergang vun deem engen zu deem anere muss méiglech bleiwen.

A mir brauche scho guer net eng drëtt Police a Form vun der Inspection générale de la Police. Wa mer iwwert dat Gesetz schwätzen, wäerte mer och do besonnesch insistéieren, datt mer net dräi Policen am Land brauchen, wou u sech eng vëllegen duergeet.

De Rekrutement vun der Police ass natierlech eng Erausforderung. Den Niveau scolaire muss gekuckt ginn, och well och dës Regierung eng Verantwortung dofir dréit, datt den Niveau an eiem Enseignement weider erofgeet. Awer d'Besoinen um Terrain, déi ginn net erof! Dat heescht, mir müssen de Schoulniveau erop-schrauwen. Mir mussen jo sécherstellen, datt wann e Polizist e Rapport schreift, datt dee Rapport ka virun der Justiz Bestand hunn, datt e gutt formuléiert ass, datt en en zouverlässegte Beweismëttel kann duerstellen.

An egal wat hei u Schoulpolitik an dëser Regierung virbruecht gëtt, d'Realitéit um Terrain, dat ass dat, mat deem mer konfrontéiert sinn. A mir müssen einfach derfir suergen, datt mer gutt ausgebildete Polizisten hunn, och an deenen dote Beräicher.

Fir vläicht eng Konklusioun ze zéien: Mir wëssen heibannen - op jidde Fall wësse mir et an der ADR -, datt mer dat Gesetz geschwë mussen nobesseren. Eis Police verdéngt e besetzt Gesetz wéi dat, wat mer haut virgeluecht kréien. Eis Gesellschaft muss kënnen a Sécherheet liewen. Dat ass op jidde Fall fir eis als ADR eng Prioritéit. Mir stinn hannert der Police

a mir wäerten d'Police weider moderniséieren. Dat Gesetz hei ass allerhéchstens en éischte kleng Schrétt an déi richteg Richtung, mä leider huet et esou vill Nodeeler, datt mir et net kënnen matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dee leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner fir déi Lénk.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech hat scho bei der Debatt d'Geleeënheet, dat hei ze soen, mä ech soen et erëm eng Kéier: An enger besserer Welt bräicht ee wéineg Police, vläicht souguer guer keng. D'Leit komme weder schlecht nach gutt op d'Welt. Si entsprangen hirem Milieu, deen hir sozial Bezéiungen, hir Educatioun, hir Verhalensweis bestëmmen wäert. An natierlech spillt och de fräie Wëlle vun all Eenzelnem, well mir Mënsche si weder ganz determinéiert, nach si mer fräi vun allen Zwäng. Jee no Schicksal hätt deesewechte Mënsch en Dokter oder Pompjee kënnen ginn, dee Liewe rett, oder e Kriminellen, deen aneren d'Liewen hält oder d'Liewen zur Häll mécht.

Mir liewen nach an enger Gesellschaft, déi Gewalt op allen Niveaue produzéiert. A wann déi sozial Gewalt an d'Schéier tëschent Räich an Aarm ëmmer méi grouss gëtt, da wäerten déi aner Forme vu Gewalt weider zouhuelen. Et geet eis net drëms ze entschëllegen. Et geet eis drëms ze erklären, datt d'Gewalt net vum Himmel eroffallt oder do ass, well et Leit gëtt, déi einfach esou wieren. Et brauch een nëmmen uechtert d'Welt ze kucken: An deene Länner, wou den Ecart tëscht ganz aarm a ganz räich ganz grouss ass, do huet een et och mat extreme Forme vu Gewalt ze dinn.

Eng Saach ass awer wichteg ze verstoen, an ech wëll dat och betounen, well ech mengen, datt een déi Nuance erabréngen muss: Eng materiell a finanziell aarm Gesellschaft ass net gezwongenermoosse gewalttätig. Et sinn d'Ongläichheeten, déi dës Gewalt produzéieren! Dofir stellt een oft vill méi Gewaltdelikter a Criminen a grouse Metropole fest, wou déi zwou Welten openeeknallen.

Ech kann awer nëmmen do virdru warnen, ze mengen, datt een dës Problemer mat ëmmer méi Polizei an ëmmer méi Polizeimesurë bekämpfe kann, amplaz eng reell sozial an ekonomesch gerecht Politik ze maachen. D'Polizei spillt an engem gewëssene Mooss Pompjee vun de Resultater vun de sozialen Ongläichheeten.

Här President, ech hunn et virdru gesot, datt eben an enger besserer Welt mer net vill Police bräichten, mä mir si leider nach net esou wäit. Dofir ass an eisen Aen d'Police e wichtige Service public, deen e Minimum vu Gerechtegkeet ka bréngen do, wou Ongerechtegkeet geschitt. An dofir brauche mer eng Police, déi do ass fir d'Bierger, där hir Missioun kloer definéiert sinn. An dat ass zemoos wichteg fir d'Bierger, mä och fir d'Polizistinnen an d'Polizisten, déi um Terrain schaffen a mat heiansdo komplizéierte Problemer konfrontéiert sinn a wou et och fir si besser ass, datt si sech an engem kloer definéierten an delimitéierte Kader bewegen, wou se wëssen, wat se dierfen a wat se net dierfe maachen.

Et gi gewësse Mesuren, déi geschafe ginn am Kader vun der Police administrative, op déi ech herno zrëckkommen an deem Sënn. Mir zweifelen drun, well de Flou weder gutt ass fir Bierger nach och fir Terrainspolizisten. An der Police ass et wéi och an alle Beräicher an der Gesellschaft: Et si meeschtens déi, déi ënne sinn, déi d'Zopp ausläffe mussen. Et huet ee gemierkt op der leschter Generalversammlung vum SNPGL, datt e richteg Ongerechtegkeetsgefühl bei der Police, zemoos ënnert den ënnestchen a mëttlere Carriären, herrscht géintiwuer hirer eegener Direktioun.

Ech sinn net genuch an dëser Welt bewandert, fir mer eng objektiv Meinung ze bilden, mä ech lauschten no, wat d'Leit soen, dat prinzipiell, an ech huelen dat och esocht. An do muss ech awer soen, datt e puer Saache mech schockéiert haten, zum Beispill déi Saach och mat den Iwwerstonnen, déi Stagiairen net bezuelt kritt hunn.

Ech duecht ee Moment, ech hätt net richteg héieren. Ma neen, dat ass esou! Dat gouf souguer confirméiert. An et ass och nach an der Fonction publique, wou et geschitt. De Minister huet och op eng Question parlementaire geäntwert gehat, vum Här Kartheiser gestallt, datt dat och kéint geregelt ginn, ënner anerem och iwwert de Compte épargne-temps.

Mä elo hu mer souwisou awer trotzdeem... Well et ass net alles schlecht an deem Gesetz, dofir wäerte mer eis och enthalen, dat soen ech Iech dann och elo direkt. Et ass awer ze begreissen, datt elo am Gesetz den normale Re-

gimm och vun de Stagiairen agefouert gëtt wéi am Rescht vun der Fonction publique, wat hinnen dann och eng besser Ufankscarrière garantéiert. Eng Ufankscarrière, déi zwar, muss een erëm betounen, aus klengleche Spuergrënn viru véier Joer verschlechtert gouf. Et huet een awer héieren - et ass jo elo gläich Wahlkampf -, datt deiselwecht, déi se verschlechtert hunn, et erëm wëlle réckgäנגeg maachen. Et misst all Joers Wahlkampf sinn, da géife manner Dommheete geschéien.

Et muss ee leider awer och bedauern, datt weiderhi gewësse Servicer vun der Police net déi néideg Opwärtung kréien, déi se verdéngen. An dorobber kommen ech nach zrëck, wat den ECOFIN ugeet.

Da gëtt et och nach deen anere Problem, do stellen ech mer einfach e puer Froen, an zwar dee vum Transport vun de Prisonnéier. Do huet och d'Policegewerkschaft gefuerdert, datt den Transport vu Prisonnéier vum Prisonspersonal, am Volleksmond vun den „Giischercher“, misst assuréiert ginn. Dee gëtt awer vun der Police assuréiert. De Problem ass awer deen, datt e Prisonnéier engem Polizist wahrscheinlech verständlecherweis manner gutt geséint ass wéi engem Giischtjen, well en deen net onbedéngt als Feind ugesäit.

Souwäit ech weess, ass de Justizminister net der Meinung, datt d'Police dat misst iwwerhuelen. Vläch kann een dorop eng Antwort kréien. E weist Neen, mä da kënnen mer...

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Ech stinn zu 100% hannert deem Text, dee mer haut stëmmen, ouni iergendeen Zweifel.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Okay. An der Rei.

An da misst een awer och nach iwwer een Deel justement schwätzen, iwwert déi ekonomesch a finanziell Kriminalitéit zu Lëtzebuerg, wou mer wëssen, datt deen Deel, déi Sektioon vun der Police staark ënnerbesat ass. A vläch ass dat och bewost ëmmer esou gewiescht. Ech mengen, ech sinn net deen Eenzege, deen dat mengt. Ech mengen, och d'Presidentin vun der APJ huet dat an engem Interview am „Quotidien“ ugedeit.

An et konnt een och noliesen am Audit, datt d'ECOFIN-Sektioon net genuch ausgebilt ass, mä och net déi néideg Formatioun kritt, fir esou komplex Dossierer ze meeschten. Zu Lëtzebuerg si se wahrscheinlech nach méi komplex wéi op anere Plazen. D'Resultat ass, datt PJ-Leit sech ebe méi op manner komplex Dossierer konzentréieren, dat heescht och op méi kleng Fësch, well fir déi déck ze fänken, huet d'Police weder d'Zäit nach d'Mëttel. An dat dréit et net zur Moral bäi an deem Service, well déi Leit wëssen dat och. An dat kann och zu Burnout-Fäll féieren.

Et ass also en historesche Fall souwisou vu Klassejustiz, well grad e staarke Renforcement vun deem Service kéint derzou bäidroen, datt ee kéint géint déi grouss Kriminalitéit, déi am Col blanc, virgoen. Dat ass natierlech manner mediewierksam wéi iwwer Platzverweis oder géint Obdachloser ze schwätzen. Et sinn der, déi reege sech regelméisseg iwwert d'Heescherten op, e puer aarm Däiwelen, déi e puer Euro froen, mä déi, déi Milliounen klauen, déi schéngen deiselwecht manner ze interesséieren.

Här President, och wann dës Policereform néideg war, mierkt een, datt se nach staark geprägt ass vun der Ambiance, déi d'Attentater a Frankräich an an der Belsch an an nach anere Länner hannerlooss huet. Et soll ee sech awer viru Politiker hiden, déi Gesetzer maache wëllen no engem schlëmme Fait divers oder souguer no engem Attentat, wa jiddwereen ënner Schock ass.

Dat wierkt gutt an engem éischte Moment virun de Kamerae vun der Tële, mä et ass op laang Dauer geféierlech, well eppes Aussergewéinlech gëtt zur Normalitéit. Et ass och um Terrain wahrscheinlech net esou effikass, wéi ee mengt, an heiansdo souguer kontraproduktiv. A mir stellen eis awer och Froen iwwert d'Pertinenz vun enger Rei Mesuren an neie Méiglechkeeten am Kader vun der Police administrative.

Natierlech kann ee soen: „Dat geschitt alles am Kader vum Gesetz“, mä dat wëllt näischt heeschen, well et geschitt ëmmer alles am Kader vum Gesetz. E Gesetz garantéiert net onbedéngt ëmmer all Fräiheeten. Och e Polizeistat, dee mer glécklecherweis net sinn, schafft am Kader vum Gesetz. Dat dierf een ni vergiessen.

Bon, do gëtt et Beispiller, eben dat faméist Beispill vun den Identitéitskontrollen am Kader vun engem „danger grave, concret et imminent“, wou och d'Commission consultative des droits de l'homme gesot huet: „Et gëtt awer en Ënnerscheid tëschent ‚imminent‘ an ‚immédiat‘.“ Ech mengen, de Parquet huet dat och gesot, wou de Minister Kontrollen iwwer zéng Deeg renouvelabel kann ordonnéieren. Dat ass eng

Fro, a souguer de Cabinet d'instruction stellt déi Fro och, ob dat wierklech net e Flou bedeit, dee kéint problematesch ginn.

Am Kader vun engem Refus kann déi Persoun awer och a Retentioun gehale ginn, wou een net wierklech weess, wat dat kéint bedeuten. Mir hunn zwar nach genuch Vertrauen an den aktuelle Fonctionnement vum Stat a vun der Police, datt och net an deem Kader automatesch eng grouss Zuel vun Exzesser bedriwwen gëtt, mä d'Gesetz mécht an deem Sënn d'Dier op fir méiglech Exzesser, wann de politesche Kader sech änneren géif.

An et dierf een net vergiessen, datt et a Frankräich, wat och e Rechtsstat ass, zu Exzesser kouw. Dat féint ee vläch anekdotesch, bis een emol selwer eng Kéier dovunner beträff gouf.

Och wat d'Fouillë vun Autoen ugeet, sinn d'Dieren opgemaach ginn. Bis elo sinn déi vun der PJ exekutéiert ginn. Dat gouf am Gesetz vun 2007 festgehalten. An enger éischter Fassung war deemools net virgesinn, datt de Procureur d'État déi misst unuerdnen. Dat ass duerno awer op Urode vum Statsrot an de Code d'instruction criminelle eragefloss. Elo ass et awer esou, datt mer méi wäit ginn, net nëmmen, datt de Procureur d'État net méi muss unuerdnen, mä datt en plus d'Police administrative an net méi d'PJ dat kann an deem Kader duerchféieren.

Mir stellen eis och Froen iwwert d'provisorescht Zoumaache vu Geschäfte a Caféen. De Problem ass deen, datt deemno wéi och finanziell Aboussen geschéien oder datt esou e Betrib souguer e Reputationsverloscht kann erliden, wat ëmsou méi komplizéiert ka sinn, wann et net verdéngt war oder wann e grad eréischt opgemaach huet.

An dann den Traitement vu perséinlechen Daten, wou sech op déi Autoritéit vun 2002 beruff gëtt, wou zwee Membere vun der CNPD an de Procureur d'État général dra sinn. De Problem ass just, datt se weder iwwer e Budget verfüügt nach iwwer Ressources humaines, fir hir Missiounen iwwerhaapt ze erfëllen.

Dat heescht, et kann een ëmmer Saachen an e Gesetz schreiwen, mä wann de Contrôle iwwert d'Abusen net geschitt, dann ass dat e Pabeiertiger.

Voilà! Ech hunn e bëssen ze vill geschwat an, ech mengen, et geet och elo duer. Dofir, aus deenen Ursaachen: Et gëtt positiv Avancéieren, op déi ech net all konnt agoen, dofir wäerte mer net dergéint stëmmen, mä et gëtt e puer Doutten, déi mer awer trotzdem hunn, dofir wäerte mer och net derfir stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Domat ass déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss. An d'Wuert huet den Här Etienne Schneider, den zoustännegen Minister fir déi bannenzeg Sécherheet.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure.**- Merci, Här President. Fir d'Alleréischte wëll ech der Rapporteuse, der Madamm Dall'Agnol, e grouse Merci soe fir dee schrëftlechen an och mëndleche Rapport, a virun allem och fir déi Gedold an déi vill Reuniounen, déi mer haten, fir déi heite Reform endlech hinzekréien.

Ech mengen, dass jiddweree mat mer d'accord ass, och déi, déi haut net fir de Projet stëmmen, dass et eng schwiereg Reform war. Eng schwiereg Reform aus enger Rei Grënn, ënner anerem dowéinst, well et ganz vill Akteure gi sinn an där heiter Reform. Et ass net nëmmen eng Reform, wou de Minister, deen zoustänneg ass fir d'bannenzeg Sécherheet, implizéiert ass, mä och de Justizminister ass dran implizéiert, och de Fonction-publiques-Minister ass dran implizéiert an och den Interieursminister ass a verschiddene Voleten an déi Reform implizéiert. Mä domat geet et net duer.

Mir hunn et och an där Reform mat enger grousser representativer Gewerkschaft vun der Police ze di gehat a mat enger ganzer Rei Personalvertriedunge vun der Police ze di gehat. Mir hu misse mat de Gemengen op enger ganzer Rei Punkten eens ginn. Mir hunn awer och misse mam Parquet eens ginn, fir déi Reform hei hinzekréien. An ech kann Iech soen, aus deene Joren awer vun Diskussiounen, déi mer elo haten, dass vill Interête vun deene verschiddenen Akteuren diametral opposéiert waren an dass et dofir net ëmmer evident war, fir ze tranchéieren a fir eng Léisung ze fannen.

Dofir sinn ech och d'accord mat deene Riedner, déi haut hei gesot hunn, dass déi Reform





net jiddwerengem zu 100% gefält, mä ech mengen, an där Refom hei kann een awer zrëckhalen, dass se richtig ass, dass se gutt ass an dass se d'Police e gutt Stéck wäert virubrénge.

Mir hu probéiert, wéi mer mat där Reform hei ugefaangen hunn, dat an aller Transparenz ze maachen. Dat huet ugefaange mat engem Audit, deen och hei schonn erwänt ginn ass, dee mer transparent gefouert hunn, wou all Polizist, dee wollt matschaffen, och konnt matschaffen. Mir hunn duerno e Comité de suivi agesat, wou och jiddwereen, dee wollt matschaffen, konnt matschaffen.

Mir hunn eis bei all Text, dee mer proposéiert hunn, bei all Text, dee mer ausgeschafft hunn, mat de Gewerkschaften an de Personalvertriedunge getraff, fir déi verschidde Voleten ze diskutéieren. Och do ass vill, oft an hefteg diskutéiert ginn. Och do ware mer eis net ëmmer op all Punkt eens, mä mir hunn herno tranchéiert. An d'Resultat hutt Der haut zum Vott hei leien.

D'Zil vun där heiter Reform ass, méi Präsenz um Terrain ze kréien duerch eng besser Organisation vun der Police, awer och doduerjer, dass mer der Police besser Moyene ginn - legal Moyenen, budgetär Moyenen. Mir ginn der Police awer och eng ganz Rei nei Kompetenzen. An d'Rapportrice ass am Detail do-robber agaangen.

An deem Kontext gëtt ënner anerem d'Direction générale, also de Kapp vun der Police, reforméiert an hirer Organisation. Mir hunn awer och eng territorial Reorganisation virgeholl, wou mer zum Beispill vu sechs op véier Regiounen zrëckginn, déi dann och am Accord si mat den Arrondissements judiciaires. Alles dat geschitt, fir de Waasserkapp bei der Police ofzebauen a fir méi effikass kënnen ze schaffen.

Mir hunn d'Commissariats de proximité an d'Centres d'intervention an deem Sënn ofgeschaaft an et ginn nach just d'Commissariater. 13 dov u si 24 Stonnen op 24 a siwen Deeg op siwen op. An déi aner sinn an Zukunft vill méi laang op, an zwar am Prinzip tëschent siwen Auer moies an néng Auer owes. Et kann een och zu all Moment e Rendez-vous bei dem Commissariat vu sengem Choix huelen als Bierger.

A mir wäerten den nächste Mount online goe mat eise E-Kommissariat, wou d'Bierger kënnen eng Rei Aktivitéiten, déi se bei der Police hunn, wann et drëm geet, eng Plainte ze maache respektiv e Vol ze annoncieren oder aneres, online maache vun doheem, an dat ganz onkompliziert.

Mir hunn eng komplett Reorganisation vun der Police judiciaire virgesinn, wou mer an Zukunft nëmme méi een nationale Service vun der Police judiciaire wäerten hu mat dräi Antennen. Och dat, fir méi koordinéiert kënnen géint d'Kriminalitéit hei am Land virzegoen. An dee Service de police judiciaire kritt ee Comité d'accompagnement, dee presidéiert gëtt vum Procureur général. An dee Comité d'accompagnement mam Procureur général un der Spëtzt soll dann och iwwert d'strategesch Prioritéiten vun der Police judiciaire kënnen decidieren.

Mir hunn awer och fir d'Polizisten nei Carrières-méiglechkeeten agefouert, andeem mer souwuel d'Bachelorcarrière wéi och d'Redakteschcarrière bei der Police agefouert hunn.

Mir hunn - an ech hunn et virdu gesot - der Police eng ganz Rei nei Kompetenze ginn am Beräich vun der Police administrative. Et ass vir-druech e puermol erwänt ginn, dass d'Police, contrairement zu deem, wat d'Leit oft mengen, mä dass se kann, dass Saachen, déi et haut nach net ginn et an Zukunft ginn, dass se kann ënner gewëssene Konditiounen Fouillé maachen (veuillez lire: dass et, contrairement zu deem, wat d'Leit oft mengen, an Zukunft Saache wäerte ginn, déi et haut nach net gëtt, dass d'Police ënner gewëssene Konditiounen Fouillé ka maachen), Fouillé vu Vehiculé ka maachen, Contrôle-d'identité ka maachen, Etablissementer kann temporär zoumaachen oder och e Périmètre de sécurité kann aféieren. Alles dat sinn nei Kompetenzen, déi d'Police brauch, fir hir Aarbecht am Interêt vun der Sécherheet vun deem Land kënnen besser ze maachen.

En attendant ass et awer esou, dass mer net just un der Reform geschafft hunn, mä mir hu villes scho realiséiert, wat mer konnte maachen, ouni d'Gesetz vun haut hei ze hunn, esou zum Beispill déi Communautés de commissariats, déi mer agesat hunn, dat heescht, wou mer Commissariater zesummegeleecht hunn, fir dass si hir Effektiver zesummekréien, fir doduerjer méi Präsenz um Terrain kënnen ze weisen a méi effikass kënnen ze schaffen. Mir

hunn och mat enger Rei Gemengen Accorde fonnt, fir Fusione vu Commissariater ze maachen.

Mir hunn der Police entre-temps eng ganz Rei nei Equipementer ginn, an net nëmme nei Pistoulen, mä och aner Equipementer. Mir hunn de Budget vun der Police dofir e gutt Stéck an d'Luucht gesat. A mir hu rezent jo och déi Diskussioun nach gehat, dass mer op verschiddene Plazen, op verschiddenen Hotspots am Land an Zukunft och nach méi mat Videosurveillance wäerte schaffen.

Mir hunn och, fir der Kriminalitéit entgéintzewierken, an dëser Legislaturperiod eng ganz Rei Razzen organiséiert, speziell eben am Drogemilieu, mat engem relativ interessanten Erfolg. Dat geet natierlech net duer. Mir wäerten och do weider der schaffen. Mä mir hunn och eppes anescht gemaach, wat, mengen ech, batter néideg war: Mir hunn de Personalbestand vun der Police e gutt Stéck an d'Luucht gesat. Mir hunn decidéiert als Regierung, dass all Mënsch, dee wëllt Polizist ginn an deen d'Exame packt, och ugeholl gëtt als Polizist, well mer jo selwer gesinn, dass et e Mangel u Personal bei der Police gëtt. Iwwert dee Wee hu mer an deene leschte Jore méi wéi 200 zousätzlech Poliziste kënnen astellen.

Mat all deenen dote Mesuren, also ouni elo nach d'Gesetz ze hunn, well dat kënnt jo eréischt dann ab haut, wann Der dat da stëmmt, hu mer et fäerdegbruecht, dass d'Kriminalitéit am Schnëtt zënter dem Joer 2014 all Joer ëm 4,5% erogaangen ass. An ech kann lech soen, dass mer dovunner ausginn, dass mat där Reorganisation, mat där Reform, déi mer haut hei wäerte stëmmen, deen doten Trend nach däitlech wäert verbessert ginn.

Ech wëll awer ee Wuert soen zu der Approche vun der CSV, wat dat heite Gesetz ueet: Ech fanne se ganz einfach schued! Ech erënnere mech drun, dass d'CSV laang an oft de Justizminister hat, dass d'CSV laang an oft de Police-minister hat, dass d'CSV souguer zäitweis de Justizminister hat, dee gläichzäiteg Policeminister war. An all déi Punkten, weinst deene se haut dat Gesetz net wëllt stëmmen, huet se awer net fir néideg fonnt ëmzesetzen, deemools, wéi se de Pouvoir hat, fir dat ze maachen. Dat fannen ech ganz schued an dat weist, wéi éierlech et hinne mat deenen doten Amendementer gemengt ass.

Dovun ofgesi schwätzt d'CSV dauernd vu Proximitéit. Ech wëll d'Kollegee vun der CSV drun erënneren, dass et d'Kollegee vun der CSV sinn, déi an hirem Gesetz en Ennerscheid gemaach hunn tëschent Policebeamten, déi zoustänneg si fir d'Proximitéit, an deenen, déi net dofir zoustänneg sinn. Et ass duerch dat heite Gesetz, wou mer deen Ennerscheid ophiewen a wou an Zukunft all Polizist an deem Land zoustänneg ass fir d'Proximitéit beim Bierger.

An dann nach eppes, léif Kolleginnen a Kollegen: Wa mer haut méi wéi 200 Polizisten netto méi um Terrain hunn, da mengen ech, ass dat Proximitéit gelieft. Dat ass, mengen ech, vill méi wäert, wéi farfalu Artikelen an engem Gesetz wëllen ze änneren. Et geet drëm, Polizisten anzustellen a Polizisten op den Terrain ze kréien. An et ass genee dat, wat mer mat där heiter Reform wäerte maachen. Dofir fannen ech et schued, dass d'CSV decidéiert huet, déi batter néideg Policereform hei, am Interêt vun der Sécherheet vun de Bierger, mä och am Interêt vun den Aarbechtskonditiounen vun der Police, net ze stëmmen. Dir weist domadder, dass Der net hannert der Police stitt. An ech fannen dat schued.

### (Brouhaha)

► **Une voix.** - Eieieieie!

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure.* - Ech fannen dat schued fir eng Partei, déi dat Land hei wëllt geréieren a regéieren. Ech fannen dat definitiv schued. An ech géif mer d'Fro erlaben, ob Der dann an Äre Wahlprogramm schreift, dass Der d'Policegesetz, wann Der da gewielt gitt, erëm opmaacht an dann déi doten Amendementer alleguerten do dräbréngt. Ech huelen un, dass ech do nach eng Äntwert wäert drop kréien.

Ech wëll op alle Fall vun där heiter Plaz alle Bedeelegten e grouse Merci soen, déi hei un där Reform matgeschafft hunn, deene ville Polizistinnen a Polizisten, déi mat dru geschafft hunn. Ech wëll der Gewerkschaft, dem SNPGL, an deenen anere Personalvertriedungen e grouse Merci soe fir hir Mataarbecht. Och wann et net ëmmer einfach war, och wa mer eis oft an den Hoer haten oder Divergenzen haten op verschiddene Punkten, war Är Mataarbecht awer extrem wichteg, fir dass eppes Seriöes hei dobäi erauskënnt.

Ech wëll och der Generaldirektioun vun der Police Merci soen an un hirer Spëtzt dem Philippe Schrantz, dee ganz, ganz vill Nerven och huet missen opbréngen, bis mer dee Gesetzesprojekt

hei haut konnte stëmmen. Ech wëll och dem Parquet Merci soe fir déi ganz gutt Kollaboratioun, déi mer mat hinnen haten. An da wëll ech natierlech och dem Frank Reimen an dem Martine Schmit stellvertriedend fir all meng Leit aus dem Ministère vun der Sécurité intérieure Merci soe fir déi vill Iwwerstonnen, déi se och hei hu misse maachen, fir dat doten hinze kréien, an natierlech och de Kollegeen aus der Regierung, speziell dem Félix Braz an dem Dan Kersch, déi zesumme mat hire Beamte ganz vill un deem Projet matgeschafft hunn.

Finalement wëll ech am Numm vun der Regierung hei awer och d'Geleeënheet notzen, fir alle Polizistinnen a Polizisten, mä och dem Zivilkader vun der Police e grouse Merci ze soe fir hiren Asaz am Alldag am Interêt vun der Sécherheet hei am Land, wat net ëmmer einfach ass, wat ganz oft schwéier Konditiounen fir si sinn. E grouse Merci un lech fir Ären Asaz am Interêt vun der Allgemengheet!

An domat schlëssen ech meng Ried a soen lech elo scho Merci fir de Vott vun deem do Gesetz. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - Dat doten huet scho bal wéi eng Abschiedsried geklengen.

### (Hilarité)

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure.* - Freet lech net ze fréi!

### (Hilarité)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Ier mer zur Ofstëmmung vum Gesetz iwwerginn, komme mer zu den Amendementen, déi vun de Kollegee vun der CSV abruecht gi sinn.

### Amendements

Ass et gewënscht, déi Amendementen zousätzlech ze erklären? Ginn et soss Stellungnamen dozou?

### (Négation)

Dat ass dann net de Fall. Da géife mer fir d'Éischt den éischten Amendement, deen den Artikel 2 vum Projet betrëfft, zur Ofstëmmung bréngen.

### Vote sur l'amendement 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen.

### (Brouhaha)

► **Une voix.** - D'DP ass e bëssen duerjernee mat den Amendementen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Muss ech et molen?

### (Hilarité)

Et geet ëm déi dräi Amendementen, déi abruecht gi si vun de Kollegee vun der CSV. Déi, déi mat den Amendementen vun der CSV averstane sinn, stëmme mat Jo.

► **Une voix.** - Mir haten et verstanen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - An déi, déi net mat den Amendementen averstane sinn, stëmme mat Nee. Ass dat verstanen?

### (Brouhaha)

Jo, ech ginn dovun aus. Ass de Vott ofgeschloss? Huet jiddweree korigéiert, wat ze korigéiere war? Okay.

### (Brouhaha)

Nee, et geet net duer.

### (Hilarité)

Et ass 30-mol Nee an 29-mol Jo.

Résultat définitif après redressement: l'amendement 1 est rejeté par 26 voix pour et 34 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty

Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

### (Exclamations et brouhaha)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - Ech mengen, den Här Bodry hat awer recht. Den Här Bodry hat recht.

### (Brouhaha)

► **Une voix.** - Probéier nach eng Kéier, mir hunn zwou Chancen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Da géife mer zum Amendement Nummer 2 iwwergoen.

### Vote sur l'amendement 2

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

26-mol Jo an 33-mol Nee.

### (Exclamations et brouhaha)

Domat ass den Amendement ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: l'amendement 2 est rejeté par 26 voix pour et 34 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da géife mer zum drëtten Amendement iwwergoe betreffend den Artikel 48.

### Vote sur l'amendement 3

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An de Vott ass ofgeschloss.

34-mol Nee a 26-mol Jo. Domat ass den Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert den Ensembl vum Projet de loi iwwergoen. Déi, déi mam Projet d'accord sinn, stëmme mat Jo. An déi, déi net mam Projet an där doter Form d'accord sinn, stëmme mat Nee.





**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7045 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

32-mol Jo, 26-mol Nee, bei 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet 7045 adoptéiert.

*Ont voté oui:* MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);*

*MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini.*

*Ont voté non:* Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Se sont abstenus:* MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7262 iwwert d'Feierwerkskierperen. D'Rapportrice ass d'Madam Tess Burton a si huet direkt d'Wuert.

**7. 7262 - Projet de loi portant modification de la loi du 27 mai 2016 concernant la mise à disposition sur le marché d'articles pyrotechniques**

**Rapport de la Commission de l'Économie**

► **Mme Tess Burton** (LSAP), *rapportrice*. - Genau. Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, komme mer elo zu de Feierwerkskierperen. De Projet de loi, deen ech lech elo hei presentéiere wäert, ass e ganz kleng Projekt, mat deem mer eng Ongenauegkeet aus der Welt schafen. Ëm wat geet et genau?

De 27. Mee 2016 hate mer hei am Haus e Gesetz gestëmmt, mat deem mer eng Direktiv iwwert d'Feierwerkskierperen ëmgesat hunn. D'Feierwerkskierpere sinn a verschidde Kategorien - F1, F2, F3 an F4 - agedeelt, jee nodeem, wéi en héije Risiko se kënnen hunn. Deemools ass festgehalen ginn, dass d'Kategorien F1, F2 an F3 kéinte fräi verkaaft ginn, mä fir d'Feierwerkskierperen aus der Kategorie F4 muss de Keefer eng Autorisatioun nowiesen.

Dëst ass allerdéngs net am Aklang mat der ITM hirer Bestëmmung. Dofir wäerte mir mat deem Gesetzestext d'Kategorie F3 och ënnert d'Autorisatioun an ënnert d'Konditiounen vun der ITM stellen, esou wéi dat aktuell de Fall ass mat de Feierwerkskierperen aus der Kategorie F4.

Mat der Kategorie F3 sinn also dann och déi Feierwerkskierpere concernéiert, déi e mëttlere Risiko duerstellen, déi dobaussen am Fräien agesat kënnen ginn op groussen an oppene Plazen, mä wou de Schall, also de Geräischpegel kee Gesondheitsrisiko fir d'Mënschen duerstellt.

D'Feierwerkskierperen aus der Kategorie F4 presentéieren en erhéichte Risiko an anescht wéi aktuell fir d'Kategorie F3 dierfen d'Feierwerkskierpere vun där Kategorie och just vu Leit benotzt ginn, déi e speziellt Wëssen duerch eng Formatioun erlaangt hunn.

Här President, mat deem Gesetzestext ännere mer dann elo d'Zougangsbestëmmungen vun der Kategorie F3. Wéi elo scho bei der Kategorie F4 wäerte just nach Leit mat enger spezieller Formatioun Feierwerkskierpere vun der Kategorie F3 kënnen kréien a benotzen. Esou bleiwen um Enn nach d'Feierwerkskierpere vun de Kategorien F1 an F2, déi net ënnert d'Zougangsbestëmmungen vun der ITM falen. D'Kategorie F1 si Feierwerkskierperen, déi e ganz schwache Risiko duerstellen an e minime Schall hunn.

Si kënnen a geschlossene Raim benotzt ginn. An d'Feierwerkskierperen aus der Kategorie F2 stellen och e schwache Risiko a Geräischpegel duer. Si kënnen dobaussen am Fräie benotzt ginn oder an zouene Raim.

Déi zwou Kategorië si fräi fir jiddwereen um Marché verfügbar. Mir alignéieren eis mat deem Gesetzestext och un eis Nopeschlänner, d'Belsch, Däitschland an Holland, déi d'Kategorie F3 mat der Kategorie F4 scho gläichgestallt hunn. Domat brauch een also an Zukunft als Verbraucher eng speziell Formatioun, souwuel fir d'Feierwerkskierperen aus der Kategorie F4 wéi och aus der Kategorie F3 kënnen ze kafen.

De Moment ass et esou, dass d'Feierwerkskierperen aus der Kategorie F3 net zu Lëtzebuerg verkaaft ginn, well de Stockage vun esou enger Wuer ze opwendeg ass. Wann esou Feierwerkskierperen de Wee op Lëtzebuerg fannen, dann ass dës Wuer am Ausland kaaft ginn. Hei zu Lëtzebuerg ginn et haaptsächlech zwee Rendez-vousen am Joer, wou Feierwerkskierpere kaaft ginn. Dat ass fir Nationalfeierdag, wat jo elo geschwënn ass, an och fir Sylvester.

Mat dëser Präzisioun am Gesetz soll d'Zuel vun den Accidenter mat Feierwerkskierpere reduzéiert ginn. D'Statistike vun 2013 bis 2014 (veuillez lire: 2016), dat heescht während véier Joer, hu 35 Accidenter an de Kliniken opgewisen. Allerdéngs ginn et keng Detailer, mat wéi enge Feierwerkskierperen dës Accidenter geschitt sinn, ob dat elo Knupperten aus der Kategorie F1, F2, F3 oder F4 waren.

Voilà, nach e puer technesch Informatiounen: De Projet de loi gouf de 15. Mäerz 2018 vum Wirtschaftsminister deposéiert. Eng Woch drop kounn schonn den Avis vun der Chambre de Commerce an dräi Wochen drop huet de Statsrot säin Avis publizéiert.

D'Chambre de Commerce an de Statsrot haten an hiren Aweise keng weider Remarken, soudass de Rapport zu deem Projet den 3. Mee an der zoustänneger Kommissioun ugeholl konnt ginn.

Voilà. Dëst scho gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu deem Projet.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och der Madamm Rapportrice. Kann ech dovun ausgoen, dass sämtlech ageschriwwen Riedner - d'Madam Françoise Hetto-Gaasch, déi Häre Max Hahn a Gérard Anzia - den Accord bréngen, oder ass deen een oder deen aneren, dee méi wëllt dozou soen?

► **Une voix.** - Ech si Feier a Flam.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Voilà. Dir sidd alleguer Feier a Flam, hunn ech héieren. A wéi ass et mam Här Minister?

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*. - De Minister ass ganz zefridde mam Rapport vun der Rapportrice vun der Kommissioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Majo da géif ech Merci soen a mir géifen direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7262 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung vum Projet de loi 7262 fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir hunn Unanimitéit mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui:* Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);*

*MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum Projet de loi 7232 iwwergoen. Dat ass e Projet iwwert d'Lettres de gage am Finanzsecteur. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här André Bauler.

**8. 7232 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier en vue de l'introduction de lettres de gage portant sur les énergies renouvelables**

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*. - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, de Beräich vun de grénge Finanzen ass e Secteur, deen eng speziell Relevanz fir Lëtzebuerg huet. Zum engen ass et e wichtegt Element an der Diversifizéierung vun eiser Wirtschaft a besonnesch hei vun eiser Finanzplaz. Et ass e Creneau, deen enorm gewuess ass an de leschte Joren a weiderhin nach vill Potenzial huet.

Lëtzebuerg huet do viru méi wéi zéng Joer déi richteg Jalone gesat, fir dass et haut weltwäit ee vun de beschte Standuerter fir d'Green Finance ass. Méi wéi d'Halschent vun de gréngen Obligatiounen op der Welt ginn hei bei eis cotéiert.

Lëtzebuerg huet an deem Kontext fréi d'Chance gesinn an Innovatiounsgeescht bewisen. Mir waren a si Virreider an deem Beräich a wëllen dat och weider bleiwen, doduerch dass mer ënner anere nei an innovativ Produkter fir d'Finanzmäert schafen, esou wéi dat mat deem Gesetzesprojekt geschéie soll.

De Finanzsecteur ass zum aneren awer och eng wichteg Plattform, fir déi nohalteg Entwécklung an d'Dekarboniséierung vun eiser Energieproduktioun ze finanzéieren. Et muss ee sech bewosst sinn, dass déi effentlech Hand déi massiv Investitiounen an erneierbar Energien, an d'Kreislafwirtschaft an an den Émweltschutz net eleng meeschtere kann.

Duerfir ass et néideg, privat Investisseuren a privat Kapital unzezéien, doduerch dass de Stat den néidege Kader an déi néideg Sécherheete bitt. Tatsächlech ass d'Definitioun vun „gréng“ oder „nohalteg“ am Kader vu Finanzprodukter nach ëmmer relativ flou, well et keng international Standarde gëtt. Et gi wuel Labels wéi den „Green Bond“ Label oder den „Climate Finance“ Label, fir Investisseure méi eng grouss Sécherheet ze bidden.

Mat deem Gesetz gi mer allerdéngs nach e Schratt méi wäit: Duerch d'Schafe vun enger „lettre de gage énergies renouvelables“, also engem Pandbréif fir erneierbar Energien, leet mer per Gesetz ganz präzis Kritäre fest, fir dass esou e Finanzproduit als grénge Pandbréif ka gellen. An et muss ee wirklech soen: Dat ass e weltwäiten Novum. Dat gëtt et bis ewell soss néierens. Op dës Manéier hunn d'Investoren eng grouss Sécherheet a Vertrauen an de Produit, dee se kafen.

Wat genee ass déi Lettre de gage énergies renouvelables? A wat gëtt am Gesetz diesbezüglich festgehalen? Mam Gesetzesprojekt 7232 kréie Banken, déi op d'Emissioun vu Pandbréier spezialiséiert sinn, d'Méiglechkeet, fir eng nei Zort Schold opzehuelen, nämlech déi, déi duerch Rechter a Sécherheeten op materiell Gidder fir d'Produktioun vun erneierbaren Energie gedeckt ass.

Dës Rechter a Sécherheete mussen, wa se net an engem effentleche Regëster agedroe kënnen ginn, duerch e juristeschen Avis bestätegt ginn. De Gesetzestext definéiert dës Gidder och ganz genee. Dat sinn zum Beispill d'Material fir d'Produktioun, de Stockage an d'Transmissioun vun Energie, d'Assurancen, d'Rechter, d'Creancen an d'Akomesse vun enger Entreprise an deem Beräich an esou weider an esou fort.

Duerch d'Droits de substitution gëtt des Weideren d'Kontinuitéit an d'Capacitéit vum Projet, fir Revenuen ze generéieren, garantéiert. Donieft gi mat deem Gesetzesprojekt op Ureegung vun der Europäescher Bankenautoritéit och nach punktuell Ännerungen um generelle Regimm vun de Pandbréifbanke gemaach.

De Statsrot hat a sengem Avis vum 29. Mee weider keng Observatioun, keng Bemierkung ze maachen an huet säin Accord zu deem Gesetzesprojekt ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, ech wëll de Beamten aus dem Finanzministère

Merci soe fir déi kompetent Begleedung an deem Dossier, besonnesch dem Här Andy Pepin, deen eis hei och op der Tribün en direct nolauschtert. Iech, léif Kolleeginnen a Kollegen, soen ech Merci fir d'Nolauschteren a ginn am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord zu deem Gesetzesprojekt.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet den Här Laurent Mosar.

**Discussion générale**

► **M. Laurent Mosar** (CSV). - Jo, Merci, Här President. Wéi mir dat vum Rapporteur gewinnt sinn, huet hie wéi ëmmer en exzellente schréfftlechen an mündleche Rapport ofgelievert. A mir bleift just nach, den Accord vu menger Fraktioun ze bréngen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci. Da wär et um Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot** (LSAP). - Jo, Här President, dat hei ass e Projet, dee mir als LSAP begrëssen, well e sech an de Secteur, an de Beräich vun de grénge Finanzen areit, wat eng wëllkommen Diversifikatioun ass vun onsem Finanzsecteur, wou schonn eng ganz Rei Produiten an nei Instrumenter geschaaft gi sinn. De Rapporteur huet de LuxFLAG genannt, déi gréng Bourse, mä och aner Initiativen zéien do de Finanzsecteur à contribution, fir och eppes fir d'Émwelt ze maachen, an dat ass natierlech eng gutt Saach.

Mir krute gesot an der Kommissioun vun de Beamte vum Finanzministère, dass et hei Akteure gëtt, déi sech dofir interesséieren, fir iwwer Lëtzebuerger Pfandbréifbanken esou Instrumenter ze emettéieren. Dat ass am Fong en neien Elan fir en Instrument, d'Pfandbréiwer, déi zu Lëtzebuerg ni schrecklech vill Succès hatten. An dofir, mengen ech, ass dat och en interessante Punkt hei. Dat ass effektiv e ganz sécher Instrument, wat meeschtens e ganz héije Rating huet an dofir och sécher ass fir d'Investisseuren.

Mir kruten och gesot, an dat ass, mengen ech, och wichteg, dass et hei kee Risiko vun deem sougenannten „greenwashing“ gëtt, dat heescht där Praxis, déi am Fong doranner besteet, dass ee Saachen, jo, „gréng“ wäscht, dat heescht Saachen, déi a Realitéit näischt ze dinn hu mat den Erneierbaren, dass déi effektiv dann esou ugestrach ginn.

Et ass esou, dass déi Bienen, déi Avoiren, déi hei all déi Pfandbréiwer do ofsécheren, ëmmer mussen e Lien hu mat den Erneierbaren, sief dat Infrastrukturen, sief dat Creancen oder soss aner Gidder, mä et muss ëmmer e Lien hu mat erneierbaren Energien.

Dann en drëtten Punkt, deen och nach, mengen ech, derwäert ass, genannt ze ginn, dat ass, dass et bei der Valorisation vun dësen Avoiren, déi munchmol e bëssen delikat ka sinn, am Fong och eng ofsécherung gëtt, doduerch dass e spezielle Reviseur hei muss eng Valorisation ofgi vun deene Bienen no enger Method, déi „en bon père de famille“ geschitt, dat heescht, op eng ganz virsichteg Aart a Weis iwwert d'Bün geet, soudass een, mengen ech, hei en Instrument huet, wat sécher ass, wat am Interêt vun enger Diversifikatioun vun onsem Finanzsecteur ass. An dofir, mengen ech, sollt et och vu jiddwerengem kënnen guttgeheescht ginn.

Dat gesot, géif ech nach dem Rapporteur André Bauler Merci soe fir säi gudden Rapport an den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci. An d'Wuert huet direkt den Här Henri Kox.

► **M. Henri Kox** (déi gréng). - Jo, Merci, Här President. Ech wëll et och ganz kuerz maachen, mä erlaabt mer, dass ech awer zwou Minutten d'Wuert ergräifen. Ech wëll fir d'Éischt dem Här Bauler Merci soe fir den ausféierleche Rapport hei vun deem, ech mengen, wichtege Gesetz. Dëst Gesetz reit sech an d'Klimapolitik vun der Lëtzebuerger Regierung an. Ech mengen, d'COP21 huet gewisen, dass mer vill mussen ënnerhuelen. An ënner anere huet Lëtzebuerg jo och deemools bewisen, dass et och op esou enger Konferenz ganz gutt ka mathahlen.

Ech hat d'Chance, bei der COP23 och nach eng Kéier derbäi ze sinn zu Bonn. An de Finanzminister war mat op Bonn. Et war wirklech déi éischte Kéier, wou e Finanzminister mat op esou eng Klimakonferenz gaangen ass. An et waren eng ganz Rei vun interessante Virträg vu Lëtzebuerger Initiativ am Lëtzebuerger





Pavillon, fir eben ënner anerem déi verschidde Finanzprodukter, déi et méttlerweil an deem Beräich hei zu Lëtzebuerg ginn, och dem grand Public virzestellen. Dëst reit sech effektiv an eng ganz Rei vu gudden Initiativen an.

An et ass och wichteg, dass mer finanzkräfteg Leit fir dat sensibiliséieren, well mir brauchen eng Hiewelwierkung, fir kënnen dat ze stemmen, d'Iddi vun deemools vum Juncker-Projet, fir ze soen, d'Europäesch Investitiounsbank gëtt eng gewësse Garantie, a mir probéieren, um private Marché Suen ze fannen, fir an déi Richtung ze goen. A vun deene Sue gi jo och ganz vill Projeten an d'erneierbar Energien. A wa mer d'Transition énergétique wëlle packen, kann et nëmmen iwwert dës Instrumenter goen.

Den Här Bauler hat et nach explizitt och erkläert: De Greenwashing ass och eppes, wat eis uewe läit. An dofir ass et wichteg, dass heimatder och ganz kloer Kritäre verbounne sinn, fir kënnen dann den Investisseuren, awer och dem grand Public no baussen ze weisen, dass et ëm effektiv richteg Finanzéierung vun erneierbaren Energië geet.

Ouni dësen Invest kënnen mer et net packen. Dofir kënnen mer nëmmen hei dat begrëssen. An ech bréngen dofir den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet den Här Finanzminister d'Wuert, den Här Gramegna.

## Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll e puer Wuert hei vun der Tribün soen, well dës Projet ass nawell e wichtigen, well et eng Weltpremière ass, déi mer hei aféieren. Esou e finanzielle Produit gëtt et de Moment op der Welt nach net. An dofir freeën ech mech, dass Lëtzebuerg dat Land ass, wat dat aféiert.

Fir d'Éischt e grouse Merci un den André Bauler fir säi schréfftlechen a mündleche Rapport. En zweete Merci geet un alleguerten d'Akteuren an der Procédure législative, dass mer dat relativ séier hei kënnen an der Chamber stëmmen. D'Initiativ ass um Ufank vum Joer gewiescht. Mir hunn hei no enger kuerzer Zäit dat kënnen fäerdegbréngen.

Den André Bauler huet eis richtegerweis erkläert, dass déi Lettres de gage op Lëtzeburgeresch Pandbréiwer sinn. Dat ass en typescht lëtzeburgeresch Wuert, wat natierlech aus dem Däitsche kënnt. Mir hu scho Pandbréiwer zu Lëtzebuerg gehat, awer nach keng nohalteger, nach keng gréng.

Wat wichteg ass, a souwuel den André Bauler wéi och den Deputéierte Fayot an den Deputéierte Kox hunn drop insistéiert, dat ass, dass dat hei - tëschent Guillemeten - e ganz „serioe“ Produit gëtt, dat heescht, wou d'Moosstief, wou d'Standarden, déi virgesi sinn, seriö sinn, fir dass dat e kredibele Produit op den internationale Marchéen ass. Dat hei erlaabt eis, eis Finanzplaz ze diversifizéieren. An déi héich Standarden wäerten och dann zum Succès vun deem Produit bäisteieren.

Ech géif gären och hei soen, dass et derno ausgesäit, wéi wann am zweete Semester dann och déi alleréischte esou gréng Pandbréiwer géifen op de Marché kommen. Dann hu mer net nëmmen als Éischt e Gesetz, mä och als Éischt dee Produit op de Maart bruecht. Dat kompletéiert dann eis Panoplie vu grénge Produiten.

Ech wëll vläicht ënnersträichen, dass ronn een Drëttel vun den nohalteger Investitiounsfongen schonn haut zu Lëtzebuerg gefouert ginn, dass bal zwee Drëttel vun alle Mikrofinanzfongen, déi et an der Welt gëtt, och hei zu Lëtzebuerg ugesidelt ginn. Dir gesitt, dass mer also hei am Domän vun den Obligatiounen a vun de Fongen un der Spëtzt leien.

Wann ech scho vun Obligatiounen, vun nohaltege grénge Obligatiounen schwätzen, erënnerech ech drun, dass déi alleréischte 2007 zu Lëtzebuerg - dat war och eng Weltpremière - listéiert ginn ass vun der Banque européenne d'investissement. Mir hunn als Lëtzeburger Regierung an deene leschten zwee Joer mat der BEI, déi jo hei hire Sëtz huet, eng ganz Rëtsch Initiative geholl. Ech rappeléieren, dass mer eng Plattform mat hinnen hu vu 60 Milliounen Euro, hallef an hallef, wou ech als Lëtzeburger Regierung zesumme mat der Madamm Minister Carole Dieschbourg op der Lëtzeburger Säit dat lancéiert hunn. Mir hunn en

Accélérateur geschafen a mir hunn haaptsächlech dat Ganzt ëmmer ënnert d'Zeeche vum Klimaschutz gesat.

Et ass esou, dass vill vun deene grénge Saachen net onbedéngt mam Klimaschutz ze dinn hunn. Déi kënnen ganz diversifiéiert an aner Zwecker hunn. Mä de Fait, dass mer et haaptsächlech versichen am Klimaschutz ze maachen, erlaabt eis, d'Konventioun vu Paräis méi séier a méi breet ëmzesetzen, well wa mer wëllen déi ambitiéis Ziler vun der Paräiser Konventioun ëmsetzen, da geet et net duer, dass Lëtzebuerg seng Emissiounen erofsetzt, wat mer natierlech wäerte maachen, mä da musse mer de Levi er, dee mer mat eiser Finanzplaz hunn, ausnotzen, fir deenen Ziler méi no ze kommen.

D'Lëtzeburger Finanzplaz ass vun enger Agentur, déi Green Financial Centres kuckt an zertifizéiert, gekuckt ginn, an déi seet, dass Lëtzebuerg déi zweet Finanzplaz op der Welt ass, wat d'Penetratioun ubelaangt vu grénge Instrumenter. Mat deem Produit, mat deene grénge Pandbréiwer, déi mer haut hei aféieren zu Lëtzebuerg an eiser Gesetzgebung, stärke mer déi Positioun, déi Lëtzebuerg do an der Welt huet.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7232 iwwergoen.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi 7232 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech, dann d'Procuratiounstëmmen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir hunn Unanimitéit mat 59 vun 59 ofginnene Stëmmen: Domat ass de Projet de loi 7232 ugeholl.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7232 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Martine Mergen), Félix Eischen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An als leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer eng Ofännerung, en Ofännerungsvorschlag un eiem Chambersreglement. An d'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Alex Bodry.

## 9. 7299 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

### Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zesumme mat de Kolleeg Viviane Loschetter a Claude Wiseler hunn ech eng Proposition de modification vun eiem Reglement hei ënnerschriwwen, dat opgrond vun Diskussiounen, déi mer an der Conférence des Présidents hatten.

Bei dësen Ofännerunge vun eiem eegene Chambersreglement geet et eigentlech drëm, fir zwee Gesetzter, déi mer kierzlech gestëmmt hunn, och an eist eegent Reglement ëmzesetzen, well u sech do Elementer dra sinn, déi net méi konform sinn zu deem, wat mer haut am Reglement stoen hunn.

Dat ass fir d'Éischt emol e Gesetz vum 7. November 2017 iwwert de Centre pour l'égalité de traitement, deen ënnert d'Fitticher vun der Chamber fält, déi also fir deen elo och dann zoustänneg ass. An ënnert déi Zoustännegkeet vun der Chamber gehéiert och, dass déi d'Finanzkontroll vun deem Centre pour l'égalité de traitement mécht. Déi gëtt d'selwecht opgebaut, wéi dat haut schonn de Fall ass bei der Cour des comptes respektiv beim Mediateur. An et ass also esou, dass dat geschitt iwwer eng Spezialkommissioun vun der Chamber a mat Hëllef vun engem Réviseur d'entreprises, dee Joer fir Joer vun der Chamber bestëmmt gëtt. Déi nei gesetzlech Bestëmmung gëtt dann elo ëmgesat an eist Chambersreglement.

E bësse méi eng gréisser Ofännerung betrëfft dann u sech d'Chamber selwer, wat hir Sessiounen ugeet a wat hir Organisatioun betrëfft, an dat, well mer eis jo och iwwer eng Ofännerung vun eiem Wahlgesetz eens waren, duerch e Gesetz vum 15. Dezember 2017, wou mer zwee wichteg Prinzipien eigentlech festgehalten hunn, an zwar déi, déi drop erauszilen, dass kee parlamentaresche Vakuum entsteet, wa bis Wahle festgesat sinn, dass, wann et also zu engem normale Wahltermin kënnt, dann u sech déi besteeënd Chamber am Amt ass, bis déi nei Chamber hir Wahle validéiert huet an also kann eng éischte Kéier zesummekommen.

Och do hu mer jo am Gesetz geännert, dass et elo net méi duerch eng Convocatioun vum Statsminister ass, wou déi nei gewielte Chamber zesummekënnt, mä dass dat à date fixe geschitt, an zwar den drëtten Dënschdeg no dem Wahlsonndeg. Dat heescht also, am Kloertext gëllt dat elo bei deene Wahlen, déi mer de 14. Oktober hunn, dass dann den 30. Oktober géif déi nei gewielte Chamber zesummekommen. A bis dohinner bleift dës Chamber am Amt.

Duerch deen neien Termin vum Oktober, wou elo d'Wahlen an Zukunft wäerten, sauf accident de parcours, ëmmer stattfannen, kriee mer eng kleng Interferenz mat der Dispositioun aus eiem Chambersreglement, déi seet, dass sech dës Chamber fir eng Session ordinaire all Joers den zweeten Dënschdeg am Oktober automatesch treëft.

Dat musse mer virgesinn, well d'Verfassung nach ëmmer vu Sessioune schwätzt. Mir hunn eigentlech wëlle gehat, dass mer déi Iddi vun de Sessioune sollte fale loossen an Zukunft, dass am Fong d'Chamber sech géif permanent an enger Sessioune befannen. Mä, wéi gesot, den Ausdruck vun der Sessioune steet nach ëmmer am Artikel 72.(1) vun der aktueller Verfassung, wou drasteet zur Session de la Chambre: «La Chambre se réunit chaque année en session ordinaire (...)», an eist Chambersreglement seet dann, wat dat heescht. Dat heescht also, dass se sech muss d'office versammelen den zweeten Dënschdeg am Oktober.

Dat géif elo dëst Joer an e puer Méint dozou féieren, dass mer u sech de 14. Oktober Wahlen hunn an dass mer den 9. Oktober, also e puer Deeg virum Wahltermin, hei missten zesummekommen. Et ass jo schéin, fir sech erëmzugesinn, mä et huet awer keen esou richteg Loscht an et gesäit virun allem keen de Sënn an, firwat mer dann eng feierlech Ouvertür, eng Rentrée parlementaire praktesch sollten hunn den 9. Oktober, wou dann och de President an de Chambersbureau géifen nei bestëmmt ginn, wou mer u sech kéinten d'Kommissiounen nei bestëmmen, fir dass mer eis dann an e puer Deeg bei Wahle géifen erëmfannen.

Duerfir ware mer der Meenung, dass eigentlech misst méi Flexibilitéit an deen dote System erakommen. An dat geschitt doduerjer, dass elo an eist Reglement géif stoe kommen, dass d'Chamber d'Méiglechkeet huet, op Proposition vun der Conférence des Présidents ze decidéieren, dass d'Chamber net deen zweeten Dënschdeg am Oktober automatesch zesummekënnt. Et ass also geduecht haaptsächlech, fir eben op dës speziell Situatioun an de Wahljore kënnen ze reagéieren.

Do hate mer Eestëmmegkeet och an der Conférence des Présidents, an der Commission du Règlement, fir op deen dote Wee matzegoen.

A wann dat heite bis gestëmmt ass, da gëtt d'Reglement publizéiert. A wann et bis publizéiert ass, da kënnen mer dann och gläich drop eng Resolutioun stëmmen, wou mer da fir deen heite Fall vun deem Joer géifen dranschreien, dass d'Chamber net bräicht den zweeten Dënschdeg am Oktober zesummenzekommen. Domadder wär dee Problem, mengen ech, geléist.

Et gëtt eng nei Situatioun, wa mer eng nei Verfassung hunn. Wann den Text esou gestëmmt gëtt, wéi en elo proposéiert ass, da brauche mer dat ganz Gedeessens ronderëm déi Sessioun eigentlech net méi nach eng Kéier virzugesinn an eiem Reglement. Mä fir de Moment

gëllt déi aktuell Verfassung an duerfir musse mer weider un deem heite System festhalen. Dat gëtt also déi néideg Flexibilitéit, déi mer brauchen. An doduerjer, eis Interpretatioun wär dann, dass eis ordinär Sessioune, déi elo leeft, verlängert wär bis zu deem Moment, wou déi nei gewielte Chamber da géif den 30. Oktober zesummekommen.

Voilà, an deem Sënn géif ech lech proposéieren am Numm vun der Reglementskommissioun, déi esou léif war, mech als Rapporteur ze bestëmmen, fir deen heiten Text och unzehuelen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. Den Här Claude Wiseler huet d'Wuert.

## Discussion générale

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech soen och dem Rapporteur Merci fir dee Rapport. Dat huet alles logesch a sënnvoll geklongen, wat en do gezielt huet. Duerfir hunn ech et och mat ënnerschriwwen a proposéiere selbsterständlech, datt mer et als CSV-Fraktioun matstëmmen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, Merci, Här President. Ech wëll och d'Geleeënheet net verpassen, fir dem Rapporteur Merci ze soe fir säi Bericht. Ech mengen, en huet wierklech all déi wichteg Elementer gesot.

Ech wëll vläicht just eng Kéier an engem Saz ervirsträichen, datt et hei virun allem drëms geet oder datt ee vun deene wichtige Punkten elo vun deenen Emännerungen deen ass, datt mer dat upassen un d'Wahlgesetz, wat mer am Dezember 2017, wou ech d'Éier hat, Rapporteur gewiescht ze sinn, gestëmmt hunn, datt mer also do dann deen Timing och esou agencéiere mat eiem Reglement, wéi gesot, datt dann dës Chamber oder respektiv eng besteeënd Chamber sech eréischt opléist, wann déi nei net nëmme gewielt ass, mä dann och déi éischte Kéier zesummekënnt.

Respektiv och déi Bemierkunge vun der Session ordinaire, wou mer dann hoffentlech mat enger neier Verfassung, déi an deenen nächste Jore awer eng Kéier wäert iwwert d'Bün goen, och dat kënnen definitiv regléieren.

Dat alles gesot, fir awer och kënnen hei ze bestätegen, datt d'DP-Fraktioun deem Reglement hir Zoustëmmung gëtt. Merci!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. D'Madamm Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Merci a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech soll och am Numm vun der ADR dem Kolleeg Bodry Merci soe fir säi gudden Rapport - hien ass e bësse Spezialist an der Matière ginn - a gläichzäiteg och d'Zoustëmmung vun eiem Grupp bréngen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Ech kann deem och näischt bäifügen. Mir ginn och den Accord zu dëser Ännerung vum Reglement.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci gesot. Da géife mer kënnen zur Ofstëmmung vun eier Reglementsännerung iwwergoen.

## Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 7299

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo gläich eriwwer.

60-mol Jo. Domat ass d'Ännerung vun eiem Reglement adoptéiert.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo,*